

Et ass also net esou, datt mer nom Gesetz alles eréischt mussen erfannen, mä dat ass eppes, wat mer musse méi bekannt maachen a wou mer och kucke mussen, datt mer dat virun ausbauen.

Dann ass dat, wat de Minister virauser gesot huet, selbstverständlech richteg: Et ass eng Fro vum Präis. Da musse mer wëssen, wéi wäit datt mer bereet sinn, doranner ze investéieren. Ech denken, datt dat hei eppes ass, wou mer alleguerten der Mee-nung sinn, datt een dofir déi néideg Mëttele muss zur Verfügung stellen. Datselwecht gëllt och fir dat, wat d'Madame Frank gesot huet, wat d'Formationen ubelaangt. Mir hunn och fir d'nächst Joer zousätzlech Mëttele fir d'Formation vum Personal zur Verfügung gestallt, respektiv och fir d'Dok-teren, well dat eng Viraussetzung ass, fir datt dat och alles kann ëmgusat ginn.

Duerfir mengen ech, wiere mer domadder um richtige Wee a mir si frou, wa mer elo déi gesetzlech Basis dofir hunn. Mä, wéi ge-sot, mir hunn awer virauser och eng ganz Partie vun Aarbechten do gemaach ouni d'Gesetz ze hunn, an ech denken, datt mer domadder konsequent an deenen nächste Wochen a Méint wäerte virufueren.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Mi-nister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi vun der Palliativme-dezin. Et sief drop higewisen, dass et en éischte Vote constitutionnel ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5584 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Christine Doerner), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Co-lette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion

Mir hunn nach d'Motioun am Kader vum Projet, déi virdu vum honorabelen Här Schaaf déposéiert ginn ass. Déi Motioun ass vun alle Fraktiounen ënnerschriwwen. Duerfir, denken ech, kënnen mer déi par main levée ofstëmmen.

Vote

Wien ass d'accord mat der Motioun vum ho-norabelen Här Schaaf?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här Pre-sident, d'Regierung hält déi selbstverständ-lech och un.

» **M. le Président.** - Mir kommen dann zur Proposition de loi iwwert d'Euthanasie an d'Assistance au suicide. Et si bis elo ageschriwwé fir d'CSV-Fraktioun: d'Ma-dame Stein-Mergen an den Här Wolter. Da schwätze bei der CSV-Fraktioun an hirem eegenen Numm: d'Madame Arendt an d'Madame Frank. Fir d'DP-Fraktioun: den Här Wagner an den Här Goerens. Fir d'so-zialistesche Fraktioun: den Här Bodry. Fir déi gréng Fraktioun: den Här Huss, a fir d'Sen-sibilitéit vun der ADR: den Här Mehlen. Här Jaerling, Dir sidd och ageschriwwen.

D'Wuert huet elo d'Madame Lydie Err, fir de Rapport ze maachen. Madame Err, wann ech gelift.

2. 4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assis-tance au suicide

Rapport complémentaire de la Commis-sion de la Santé et de la Sécurité sociale

» **Mme Lydie Err (LSAP), rappor-teuse/co-auteuse.** - Kee Stat a kee Gesetz, Dir Dammen an Dir Hären, kann e Mënsch zum Liewe forcéieren, wann e Patient Hëllef verlaangt fir ze stierwen, well e sai Liewen net méi packt a well en onheelbar krank ass. Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, Stierfhëllef op ausdréckleche Wonsch vum Patient a vun him eleng, deem sai Liewen nach just sënnloost Leide fir hie selwer ass.

Dat ass och op Griichesche „Euthanasie“: „e gudden Doud“. Dat ass allerdéngs e Wuert, wat duerch d'Nazizäit zu engem Onwuert ginn ass, well d'Nazizäit falscherweis deem Ausdrock gebraucht hunn, als Euphemis-mus souzouen, fir d'Ermordung vu Kran-ken, Handicapéierten, Kommunisten an Ho-mosexuellen, dat heescht politesch a sexuell den Nazien net genehm orientéierte Leit, ze definéieren.

Vu Mord ka bei Stierfhëllef net geschwat ginn, well par définition deen Doud nëmme passéiert op Ufro hin. Op Ufro, déi dem Ge-setz no, iwwert dat mer haut decidéieren, muss schrëftlech festgeluecht sinn, enregis-tréiert sinn an duerno souguer méimools no-gefrot ka ginn an eventuell vun enger Per-sonne de confiance, déi och am Stierftesta-ment muss drastoen, muss kënnen confir-méiert ginn.

Ethesch gesinn ass dat net anescht ers wéi juristesche, well wa mer vun enger Ethik schwätzen, da musse mer wëssen, dass et net déi Ethik, déi eenzeg, mat engem groussen „E“ gëtt, dass et net eng Ethik gëtt, wou deen, deen den Ethiker ass, net eege Prin-zipien huet an déi a seng Iwwerleeungen afléisse léisst. Jee no Prinzipië gëtt d'Ethik also an dëser Diskussioun eng aner, jee no-deem, wien doriwwer nodenkt.

Stierfhëllef op Demande ass heiansdo deen eenzegene Auswee, muss deemno erlaabt gi fir Ausnahmefäll, an duerfir brauche mer e Gesetz, fir festzeleeën, fir dass ka kontrol-léiert ginn, ob dat Gesetz, wat mer dann hätten, respektéiert gouf. Dat ass, Dir Dam-men an Dir Hären, dat Gesetz, iwwert dat mir haut diskutéieren an ofstëmmen wäerten.

Dëst Gesetz iwwer Stierfhëllef an iwwer Hël-lef zum Selbstmord oder, anescht gesot, Hëllef zur Selbsterléisung, ass eppes wéi eng Assurance géint e schwéieren Doud, déi een ofschléisst, och wann een net sé-cher ass, dass ee se brauch. Géint e schwéieren Doud, deen oft, wann och net systematesch de Fall ass.

Wann et also dann ass, dass dat Stierftesta-ment net gebraucht gëtt, da war et sécher-lech nach ëmmer nëtzlech an deem Sënn, dass deejéinegen, deen et ofgeschloss huet, domadder an aller Serenitéit sengem Doud konnt entgéintkucken.

E Gesetz, wat d'Regel ass fir Ausnahmefäll ass dofir nach ëmmer keng Loi d'exception, well et bleift e Gesetz fir all Dokter a fir all Mënsch, deen um Enn vu sengem Liewen ukomm ass. E Gesetz mat enger spezieller Symbolkraaft, well et esou e Gesetz nëmme kann an enger oppener Gesellschaft ginn, wou Demokratie a Rechtsstatlechkeet do-heem sinn, wou d'Mënscherechter Realitéit sinn a wou d'Leit esou fräi sinn, datt se hiren eegene Virstellungen no liewen an och stierwe kënnen, mä andeem se sech u be-stehend Gesetzer halen a kengem aneren dobäi schueden.

Dëst Gesetz ass net eent, wat ee kéint als eng „licence to kill“ beschreiwen, an et ass och net e mënschenonwierdegt Gesetz, wéi d'CSV-Apostelen dat geschriwwen hunn an domadder net emol sech selwer iwwer-zeege konnten.

Et ass och kee Gesetz, wat en opposabelt Recht op Stierfhëllef gëtt, wéi den Erzbö-schof dat geschriwwen a gesot huet, mä e

Gesetz, wat d'Méiglechkeet schafft, Stierfhëllef ze kréien, och dann, wann d'Kierch an d'Monarchie dat net wëllen. Net aus rationalen Iwwerleeungen eraus, mä aus ideologesche Grënn. Well et fir d'Kierch, an d'kathoulesche Kierch am pre-zise Fall, keng fräi Wiel ka ginn, wann et ëm den Ufank oder d'Enn vum Liewe geet. Do gëtt net gezéckt, d'Argumenter ze vermë-schen an d'Argument vun den Abusé virze-bréngen, och dann, wa mer alleguerten hei-banne ganz sécher eppes wëssen: Dass kee Gesetz nämlech net heescht, dass keng Stierfhëllef kënn, mä kee Gesetz, dat heescht, keng Kontroll, an dat heescht, sys-tematesch Abusen an all eenzelne Fall, deen da passéiert.

Kloer ze soen ass, dass d'Euthanasie iw-ert d'Sédation terminale nëmmen envisa-geabel ass, wann d'Liewe vum Patient ganz no u säin Enn kënn. Dobäi wësse mer, dass an Ausnahmefäll et och esou ass, dass Leit, déi nach e Liewe laang viru sech hunn, zéng an 20 a méi Joren, och kënnen an déi Situatioun kommen, wou hiert Liewen hinne krankheetshalber net méi liewenswäert er-schéngt, an déi och eiser Meenung no net kënnen zum Weiderliewen, zum Iwwerliewe forcéiert - oder misst ee soen, condam-néiert? - ginn.

D'Motivatioun vun der Kierch an hiren Unhänger ass net nozevollzéien, wann et heescht, d'Sédation terminale ass erlaabt, wéi dat an deem Gesetz ass, wat mer elo grad unanime ofgestëmmt hunn, well den Dokter op d'Demande vum Patient hi Medi-kamenter gëtt, fir haaptsächlech d'Péng ze huelen, a weess, ouni et primär ze wëllen, datt hien domadder den Doudeskampf an d'Liewe verkierzt, an déi Tatsaach, déi eng Tatsaach ass an eng bleift, souzouen als Kollateralschued mat a Kaf hält, während deeselwechte Geste vun engem aneren Dokter, dat heescht d'Verofreeche vu Medi-kamenter, déi d'Péng huele sollen an den Doud méi séier erméigleche sollen, wéi dat iwwert d'Sédation palliative terminale soll méiglech sinn, net akzeptabel wier. Juris-tesch a faktesch ass dat datselwecht! Well d'Gesetz eng Handlung net anescht ers ka qualifizéieren, jee nodeem wat den Auteur, dee se gemaach huet, sech dobäi ge-duecht huet, well éischters d'Gedanken zollfräi sinn, an zweetens d'Gedanken ni no-weisbar kënnen erbruecht ginn.

Dëst Gesetz markéiert de Passage vun en-ger Hypokrisie, vun enger Euthanasie ni vue ni connue et pratiquée à huis clos zu enger Stierfhëllef, déi sech géif operéieren an aller Transparenz an am Respekt vun de kloren a strenge Regele vun engem schwierege Ge-setz. E Gesetz, wat mat deem bestehende Paternalismus ophéiert an eng gläichbe-rechtegt Partnerschaft zwëschent dem Dok-ter a sengem Patient mat sech bréngt, well jiddweree Spezialist op sengem Gebitt ass: den Dokter vläicht Spezialist an der Mede-zin, de Patient jiddefalls a sécher an ëmmer de Spezialist vu sengem eegene Liewen an domadder och de Spezialist vu sengem ee-genen Doud.

Dat affichéiert Besserwësse vu verschidde-nen Dokter, an ech wëll se do wierklech net all mat abegraifen, déi den Doud am Huis clos hale wëllen a kee Gesetz iwwert d'Stierfhëllef wëllen, ass ontragbar an en-gem Rechtsstat, well och d'Doktere musse sech an engem Rechtsstat u Gesetzer ha-len, och un déi, déi si selwer net wollten, mä net verhënnere konnten, obscho se jo dobäi keen Effort gescheit hunn.

Engem eng Aart a Weis ze liewen an ze stierwen opzezwingen, déi deejéinegen als grausame Widdersproch zu sengen eegene Prinzipien emfënn, ass eng inakzeptabel Arroganz. Or, bei eis herrscht déi Arroganz am Land zënter Joren, ouni dass bis elo sech een dru gestéiert huet. Well et ass ge-wosst, dass och ouni Gesetz bei eis Stierfhëllef geleescht gëtt. Wat net gewosst ass, ass, ob se geleescht gëtt op Wonsch vum Patient oder op Appréciatioun vum Dokter.

Ass et d'Medezin oder ass et de fräie Wëlle vum Patient, deen ausschlaggebend ass? Wie kontrolléiert dat?

Et gëtt ganz vill zu dësem Gesetz hei gesot, et géif e Risiko begräifen, Abusé mat sech ze bréngen doduerch, dass een d'Méig-lechkeet vun enger Stierfhëllef géif opmaa-chen. Mä déi Leit, déi missten - mengen ech - ufänke bei der Aktualitéit ze analyséieren an ze kucken, ob et net besser wier, mat en-gem zougegebenermoosse schwierege Gesetz de Risiko vu kontrolléierbaren Abu-sen anzegoen, amplaz bei der Solutioun ze bleiwen, all Abus, dee sech am Huis clos of-spillt, net kennen ze léieren an en duerfir ignoréieren ze kënnen.

Trotzdem geschitt weider hei zu Lëtze-buerg dat, wat eigentlech enger Demokratie an engem Rechtsstat onwierdeg ass.

Firwat soll bei eis och muer net jiddweree kënnen no senge Virstellunge stierwen, wéi e wëllt, mä no de Virstellunge vun enger Partei, vun enger Kierch oder enger Re-lioun, eventuell och nach enger Zeitung an enger Monarchie, sou dass domadder on-méiglech gemaach gëtt, dass deen een-zelne Mënsch seng eege Virstellung bei sengem eegenen Doud kann ëmsetzen? Ouni dobäi - an ech mengen, dass dat derwäert ass, ënnerstrach ze ginn - aner Leit duerch dëst Gesetz ze forcéieren, op e Wee ze goen, dee si fir sech net gären hät-ten?

Dat Gesetz hei contrairement zu der aktuel-ler Situatioun wäert och muer kee forcéie-ren, eppes ze maachen, wat hie fir sech net richteg fënn. Mä et wäert deene Leit, déi haut net kënnen maachen, wat si wëllen, et erlaben, dat muer an der ganzer Legalitéit an an totaler Fräiheet an Transparenz kë-nnen ze maachen.

Duerfir, Kolleginnen a Kolleegen, brauche mer dëst Gesetz iwwert d'Stierfhëllef an och zur Hëllef zum Selbstmord oder - wéi ech ei-gentlech léiwer géif soen - zur Selbsterléi-sung: Fir d'Fräiheet vum Choix och zu Lët-zebuerg, wat d'Pretentioun huet, eng Demo-kratie an e Rechtsstat ze sinn, mä dat net ëmmer dättelech no bausse weist, beson-nesch an Debatten, déi gesellschaftspoli-tesch relevant sinn; fir d'Fräiheet, esou ze stierwen, wéi ee wëllt, dat heescht ze leide bis zum batteren Enn, wann een dat wëllt, oder awer d'Sédation palliative an d'Soins palliatifs an Usproch ze huelen, oder awer, wa béid Solutiounen engem net zousoen, de Choix ze hunn, fir méi schnell mat Stierfhëllef kënnen ze stierwen.

Net nëmme fir d'Fräiheet, mä och fir d'Gläichheet vun Ongläichen am Liewe brauche mer dëst Gesetz, well mer wëssen, dass déi Leit, déi déi richteg Leit kennen oder déi selwer d'Wëssen hunn, haut souwi-sou kee Gesetz brauchen, fir kënnen ze stierwen, wéi si wëllen. Et si wéi ëmmer nëmmen déi Leit, déi sech net esou gutt un-zeleee wëssen, déi manner Leit kennen, déi eppes ze soen hunn, déi manner Geleeën-heeten hunn, sech ze informéieren, déi dorënner leiden.

Och d'Égalitéit ass e Mëscherecht, an och dëst Mëscherecht géif en neit Gesetz iw-ert d'Stierfhëllef garantéiere kënnen. Fir d'Demokratie an d'Rechtsstatlechkeet ass et kloer, well et ass net zoumutbar, dass mir wëssen, dass hei eppes geschitt, wat theo-retesch net därfer passéieren a wat net kon-trolléiert gëtt.

Mä et ass och néideg, fir d'Meenungs- an d'Gewëssensfräiheet och an dësem Marië-land hei duerchzesetzen. Fir de Respekt vun der Meenung vun de Leit,...

(Interruptions)

...déi och dann, wa se an enger Minoritéit sinn, d'Recht drop hunn, hir Convictiounen bis zum Doud auszeliewen; fir d'Autonomie an existenzielle Froe vum Doud, ouni de Ri-siko, sech selwer a virun allem och seng Fa-mill oder den Dokter, dee bereet ass, ze hël-lefen, a Gefor ze bréngen. Well och dat ass eng Verantwortung, déi haut deejéinege muss iwwerhuelen, wann e Stierfhëllef fret a se eventuell och kritt.

Et ass ee Gesetz géint Angscht, Dir Dam-men an Dir Hären, virun engem batteren Doud, deen eis net sécher, mä mat grou-ser Wahrscheinlechkeet erwaart, a géint deen eng Validitéit vun engem Stierftesta-ment, wéi et an dësem Gesetz och steet, et géif erlaben, wéi eng Assurance, déi Angscht virun der Péng, virum Doud erofze-huelen an den Doud ze envisagéiere mat enger Serenitéit, wéi dat haut fir vill Leit net méiglech ass.

Ëm wat geet et an dësem Gesetz?

Et stoung entre-temps schon op ville Pla-zen, notamment gëschter am „Tageblatt“. Ech wëll elo och duerfir hei net op den De-tail vun deem Gesetz agoen. Ech wëll an dräi Haaptpunkte soen, ëm wat et geet.

Et geet drëms, fir Stierfhëllef an Hëllef zur Selbsterléisung ze erlaben, ënner strikten, strengen a kontrolléierte Konditiounen; zweetens, fir d'Unerkennung vun engem Stierftestament, wat iwwregens och iwwert d'Aart vum Begrieffes an d'Natur vun der Zeremonie beim Doud kann Dispositiounen begräifen; an drëttens, ëm d'Aféierung vun enger Kontrollkommissioun, déi no der Stierfhëllef soll kontrolléieren, net, ob deejé-negen, dee geholfel krut ze stierwen, dat Recht hat oder net, well dat ka keen duerch e Gesetz bestëmmen, mä ob déi Konditiou-nen, déi am Gesetz stoungen, effektiv res-pektéiert gi sinn.

Dat ass, Dir Dammen an Dir Hären, an dräi Punkten d'Essenz vum Gesetz.

Ganz kuerz och nach déi Ännerungen zu dësem Gesetz, wéi se zënter dem 19. Fe-

bruar haut zur Ofstëmmung virleien. Dir wësst, et ass och scho bei där anerer Debatt ugeklongen, dass déi zwee Texter vum Statsrot zrëckbehale gi sinn, well déi zwee Texter e Stierftestament virgesinn hu mat engem aneren Titel, mat engem aneren Inhalt a mat anere Formalitéiten, an dass et, fir Konfusiounen ze évitéieren, wichteg war, op deene Punkten ënner anerem Kloeerheet ze schafen.

Mir hunn net nëmme Kloeerheet geschaf op deene Punkten. Mir hunn och Annerunge gemaach, déi an eisen Aen eng Verbesserung vun dësem Text mat sech bréngen, zum Beispill andeem dass mer bereet waren, den Titel vum Gesetz, dee geheescht huet „Proposition de loi pour le droit de mourir en dignité“, ëmzeänneren an „Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide“.

Firwat?

Well mer domadder implizit unerkennen, dass eis Manéier, fir mat Stierfhëllef kënnen ze stierwen, net forcément déi eenzeg Manéier ass, fir an aller Würd ze stierwen. Mir hunn am Fong domadder bewisen, dass mer agesinn, dass jiddweree muss kënnen op seng Manéier an Dignitéit stierwen.

Mir hunn och de Mineur émancipé, dat heescht een, deen duerch de Mariage eigentlech scho groussjäähreg ass, aus dem Persounkrees erausgeholl, déi kënnen eng Euthanasie froen, fir déi leedlech Argumenter ze contréieren, déi hei op der Tribün am Februar komm sinn, fir ze soen, dat heite wier e Gesetz, wou handicapéiert Jugendlecher kéinten ofgesprëtzt ginn.

Mir hunn also domadder deene Kritiken, déi hei ausgedréckt gi sinn, deelweis Rechnung gedroen.

Mir hunn och beispillsweis d'Responsabilitéit vum Dokter nuancéiert. Mir hunn d'Strof-fräiheet vum Dokter garantéiert, an där Hypothesen, wou hien d'Conditions de fond vum Gesetz respektéiert. Dat heescht, dass hie kee Risiko huet beim Strofrichter ze landen, wann hien Euthanasie/Stierfhëllef praktizéiert huet, wann de Patient majeur, capable et conscient war; wann hien dee Wëlle kloer ausgedréckt huet, wa méiglech e puermol; wann hien dat schrëftlech gesot huet; an - an dat ass d'Haaptargument - wann een an enger Situation médicale sans issue ass a souffrance physique ou psychique constante et insupportable et sans perspective d'amélioration kann noweisen.

Wann déi Konditiounen respektéiert sinn, kënn also kee Strofverfahren. Mä et bleift, dass nach aner Konditiounen am Gesetz drastinn, déi kënnen zu enger professioneller, dat heescht disziplinéier Responsabilitéit vum Dokter féieren, déi natierlech och kënnen eng zivil Responsabilitéit mat sech bréngen. Wann hien zum Beispill am Dossier net kloer noweist: dass hien de Patient zur Genüge opgekläert huet; dass hie festgestallt huet, dass de Patient effektiv dauernd Péng hat, déi hien net méi erdroe konnt; dass hie mat engem aneren Dokter geschwat huet, dee Spezialist ass vun där Kränkt, déi de Patient huet; dass hie mat der Équipe soignante, mat der Personne de confiance geschwat huet, wann de Patient sech deem net opposéiert huet; an dass hie sech - an dat ass och wichteg ënnerstrach ze ginn - bei der Commission d'évaluation et de contrôle renseignéiert huet, ob dee betreffende Patient e sougenanntent Stierftestament déposéiert huet oder net.

Mir hunn dat dragesat, well mer fannen, dass et wichteg ass, dass d'Leit eng Garantie hunn, hiert Testament, hire Wëllen iwwert d'Manéier ze stierwen, enregistreiere kënnen ze loossen, fir dass et och dann, wa se en Accident hunn an hiert Stierftestament net bei sech hunn an eventuell kee Familljember derbäi ass, eng Plaz gëtt, wou ka kontrolléiert ginn, ob dee Patient sech zu sengem Liewensenn schonn ausgedréckt huet.

Eng véiert Ännerung ass, dass mer am Fong dem Argument vun de méiglechen Abusë vun deene Leit, déi gären déi Kontrollkommissioun virdrü gehat hätten, entgéintkommen, andeem dass mer en neien Artikel eragesat hunn, den Artikel 3, wou mer soen, dass, wann den Dokter mengt, hie wier nach onsécher, hien en drëtten Expert ka froen. a wann deen drëtten Expert en Dokter ass, da muss dee Certificat vun dësem drëtten Dokter mat an den Dossier kommen, deen herno un d'Kontrollkommissioun geet.

Mir hunn also net nëmme streng Konditiounen am Gesetz, mir hunn och Kontrollméiglechkeete virdrun, iert déi Euthanasie, déi Stierfhëllef ka praktizéiert ginn. Mir hunn d'Dispositions de fin de vie „Stierftestament“ genannt, fir dass et méi kloer gëtt, dass et net datselwecht Dokument ass wéi dat, wat et am Kader vum Gesetz iwwert d'Soins pal-

liatifs gëtt. Well dat Dokument heescht „Dispositions anticipées“ a muss net enregistriert ginn. Dat heiten Testament heescht also „Dispositions de fin de vie“ a muss enregistriert ginn.

Mir hunn och kleng Changementer an der Kompositioun vun der Kontrollkommissioun virgeholl. A mir hunn eng Dispositioun dragesat, dass, wann déi Corpsen, déi solle Leit an déi Kontrollkommissioun nominéieren, dat net maachen, de Minister kann där Abstentioun do entgéintwierken.

Mir hunn och missen, aus Ursaachen, déi näischt mat eisem Wëllen ze dinn haten, mä virun allem eppes mat der Tatsaach, dass de Grand-Duc Schwieregkeete mat der Promulgatioun a mat der Sanktioun vun dësem Gesetz hat, d'Date fixe, déi als Mise en vigueur derbäi war fir den 1. Januar, änneren. Mir hunn déi erausgeholl. Dat heescht, dass dat Gesetz hei, wéi all normalt Gesetz, a Kraaft trëtt dräi Deeg nodeem et am Mémorial publizéiert ginn ass.

Ech wëll lech, am plaz op den Detail vun de Konditiounen anzegoen, e praktescht Beispill soen. Wann e 17-jährege jonke Mënsch bei en Dokter kënnt a seet, hie géif gären ëmbruecht ginn, well hie mengt, hie géif u sengem éischte Liebeskummer stierwen, dann ass dat ganz kloer, dass dat net geet, well hien éischstens, net majeur ass, net capable ass, a well hien zweetens, net onheeler krank ass. Déi Leit, déi dat schonn erlieft hunn, déi wëssen, dass ee vun esou Saachen erëm gutt gëtt.

Wéi ass et mat engem Aidspatient, dee groussjäähreg ass an dee bei engem Dokter géif Stierfhëllef ufroen? Wier deem seng Demande dësem Gesetz no recevabel oder net, wann hie majeur ass, capable ass, sech kloer ausdréckt, et schrëftlech hannerluecht huet an eventuell souguer nach eng Vertrauenspersoun matbréngt, déi ka confirméieren, dass et net fir d'éischt ass, mä dass hien dat nach ëmmer gesot huet?

D'Äntwert op déi Fro do ass: Neen. Firwat? Well de Gesondheitszoustand net sans issue ass; well et och, wat d'Aidsbehandlung ubelaangt, en Traitement gëtt, och wann et keng Heelung gëtt; well hien net permanent an onerträglech Péng huet a well een haut dach nach ëmmer net sécher ka sinn, dass et wierklech keng Perspektiven op Verbesserung an dësem Traitement gëtt.

Duerfir ass et och kloer, dass 93% vun deene Patienten, déi an der Belsch an an Holland d'Stierfhëllef an Usproch geholl hunn, Kriibskranker sinn, deenen hiert Liewen am Duerchschnëtt ëm Deeg, wann net nëmme ëm Stonne verkierzt ginn ass; deenen hir Perspektiv op e weidert Liewen also net weider gelidden huet, mä deenen d'Absenz vun Aussicht op Verbesserung an hirem Zoustand d'Méiglechkeet ginn huet, fir net méi laang mussen ze leiden, wéi et onbedéngt huet misse sinn. Well nëmme de Patient eleng kann entscheiden, wat fir hie supportabel oder net ass.

Iwwert d'Sondagen, d'Inakzeptabilitéit vum Filtre palliatif a vun enger Kontrollkommissioun virdrun wäert de Jean Huss lech no mir am Detail Erklärungen ginn.

Ech wëll zum Schluss nach just e puer Wieder soe par rapport zum Schutz vum Liewen als Mënscherecht a wéi een dat ze verstoen huet par rapport zur Stierfhëllef.

Et ass interessant ze wëssen, dass Juristen an der Belsch sech Gedanke gemaach hunn, ob dat Gesetz, wat si virun e puer Joer ugeholl hunn, konform wier zur Europäescher Mënscherechtskonventioun. Si sinn zur Konklusioun komm, dass dat esou ass, well dat Gesetz net eng generell Stroffräiheet fir Stierfhëllef bréngt, mä eng Exceptioun virgesäit, eng Contrainte oder eng Legitimation a gewëssene Konditiounen, déi par ailleurs net déi Infraktiounen am Code pénal ugräifen, déi iwwert de Meurtre, den Assassinat oder den Empoisonnement ginn.

De belsche Senat huet gesot, dass een d'Recht ze liewen an de Schutz vum Liewen net ka benotzen, fir d'Leit géint hire Wëllen ze forcéieren, an engem Liewen ze verblewen, wat fir si selwer kee Sënn méi huet, an dass en Testament zum Doud d'Limité fixéiert vun deem Recht vu Schutz op Liewen, wat deen Eenzelnen zu sengem Liewensenn wëllt.

D'Recht op de Schutz vum Liewe bedeit net d'Recht op en Accompagnement médical. Dat seet d'Jurisprudenz net nëmme vum Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherecht, mä dat seet och eng Jurisprudenz vun der Cour fédérale suisse, déi seet: «Chaque personne consciente et mentalement capable peut décider de sa mort, sans avoir cependant le droit à l'accompagnement en l'absence d'une loi.»

Wa mir - wann dat dann esou ass, wéi ech mer dat erhoffen - e Gesetz hunn, ass et

kloer, dass mir konform sinn zur Mënscherechtskonventioun u sech an zu de Jurisprudenzen, déi et an dësem Fall gëtt.

Vläicht nach ee lescht Wuert, zu Kanada, déi 2006 an der Cour de cassation d'Certificatioun kritt hunn, dass déi Tatsaach, dass et kee Gesetz gëtt fir Hëllef zum Selbstmord, eng Diskriminatioun ass fir déi Leit, déi net méi d'Méiglechkeet hunn, sech selwer ze hëllefen aus dem Liewen ze goen, wa se net méi liewe wëllen. Och dat ass eng interessant Iwwerleeung fir de Rechtsaspekt vum Schutz vum Liewen.

De Schutz vum Liewen ass e Mënscherecht, dat net géint de Wëlle vum betroffene Mënsch ka spillen. Dat heescht och, dass kee Stat a kee Gesetz e Mënsch zum Liewen, zum Iwwerliewe ka condemnéieren, besonnesch dann, wann deeselwechte Stat an engem anere Gesetz d'Sédation terminale am Kader vun der Palliativmedezin erlaabt an domadder deene meeschte Fäll vu sënlosem, onerträglechem Leide vu Stierwenden en Enn mécht; wat ech hei wëll ausdrécklech begrëssen.

Mä Sédation terminale léist net all Problem. Et bleiwen - leider, kann ee soen, mä leider ass et esou - 5 bis 10% vu besonnesch schwéiere Krankheeten, déi net palliativ kënnen zefridde stellend behandelt ginn. An et bleift och de Fall, wou d'Leit net am Endstadium vun hirem Liewe sinn an awer an enger gesondheetlecher Verfassung, déi hinnen eng Verlängerung vun hirem Liewen ënnert deeneselwechten onverännerbare Konditiounen onvirstellbar mécht.

Duerfir zum Schluss eng Fro: Firwat Sédation terminale erlaben a Stierfhëllef verbidden, nodeem kloer ass, dass den Ënnerschied zwëschen deenen zwee eng Fiktioun ass? Eng Fiktioun, déi weder juristeschnach faktesch oder ethesch Bestand huet, well béides aktiv ass, well et en Acte positif ass, well béides human ass a gläich respektabel ass, well béides en Acte médical ass a well béides nëmme ka geschéien op ausdréckleche Wonsch vun deem Patient, deen et eleng ugefrot muss hunn?

Zwee Gesetzer, Dir Dammen an Dir Hären, sinn néideg. An a kengem Gesetz kann den Tatbestand dorobber beuerteelt ginn, jee nodeem wat den Dokter, deen eng Sprëtze gemaach huet, am Kapp hat dee Moment, wou hie se gemaach huet. Well souguer wa mer dat géife gesot kréien, géif et keng Méiglechkeet ginn, dat ze kontrolléieren. Et kann net sinn, dass eng Infraktioun géif ofhänken net vun deem, wat geschitt ass, mä vun deem, wat deejéinegen, deen et geschéie gelooss huet, sech derbäi geduecht huet.

Ech wëll duerfir de François de Closets an engem vu senge villen interessante Bicher zu dësem Thema zitieren, dee gesot huet: «C'est un abus véritable que de ne pas contrôler les risques d'abus de la sédation palliative parce que le corps médical pense agir pour le bien du malade, même si ce dernier ne lui a rien demandé.»

Mir bleift no deenen Ausféierungen lech am Fong nach just ze soen, dass ech mer wënschen, dass dat Gesetz hei gestëmmt gëtt mat Iwwerzeegung an ouni lech bëiren ze loossen duerch d'Amëschung vun Autoritéiten an Instanzen, déi kee Recht hunn, sech an de legislative Prozess anzemëschen, an déi hir respektiv Kompetenzberäicher gesprengt hunn, dat an der Hoffnung, deen een oder deen aneren onsécher ze maachen a vergiessen ze doen, wat fir eng grouss Majoritéit vun de Leit wëllt, dass et och zu Lëtzebuerg de fräie Choix gëtt virum Doud fir jiddwereen no sengen eegene Virstellungen.

Ech wëll lech dann zum Schluss, Här President, dräi Texter ofginn.

Fir d'éischt eng Motioun, wou ech d'Regierung opfuereieren - si sinn alleguete vu genuch Leit ënnerschrivven -, an deem Gesetz iwwert d'Droits et devoirs des patients, un deem de Gesondheitsminister schafft, de Prinzip vum Refus ou d'acceptation de toute intervention en milieu hospitalier ou en dehors de celui-ci et ce non seulement en phase terminale mat eranzehuelen, fir sécherzestellen, dass dat, wat de Moment an der Loi iwwert d'Organisation hospitalière steet a wat natierlech nëmme fir d'Klinik ka gëllen, och muss gëllen, wann d'Leit doheem wëlle stierwen, an dass se dann och kënnen déi Fraisen do mat an d'Krankekeess ginn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 28 août 1998 portant sur les établissements hospitaliers prévoit dans son article 40 le droit pour le patient de refuser ou d'accepter toute intervention diagnostique ou thérapeutique;

- considérant que la Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine (Convention d'Oviedo)¹ et ses protocoles, qui consacrent le principe général du droit de refuser ou d'accepter toute intervention diagnostique ou thérapeutique, ne sont pas encore en vigueur au Luxembourg;

- considérant que le Code de Déontologie médicale, approuvé par l'arrêté ministériel du 7 juillet 2005, prévoit dans son article 38 que «le patient lucide peut, à tout moment, retirer son consentement à un acte médical préventif, diagnostique ou thérapeutique»;

- considérant qu'au Grand-Duché de Luxembourg il n'existe pas encore de loi particulière concernant les droits et devoirs des patients;

invite le Gouvernement

- à inclure au dit projet de loi sur les droits et devoirs des patients le principe du refus ou d'acceptation de toute intervention en milieu hospitalier ou en dehors de celui-ci et ce non seulement en phase terminale.

¹ Convention pour la protection des droits de l'Homme et de la dignité de l'être humain à l'égard des applications de la biologie et de la médecine: Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine, ouverte à la signature, à Oviedo, le 4 avril 1997

(s.) Lydie Err, Jacques-Yves Henckes, Jean Huss, Lydia Mutsch, Carlo Wagner.

Dat Zweet ass eng Resolutioun, déi un eis selwer geet, Här President, wou ech d'Chamber opfuereieren, d'Konventioun iwwert d'Mënscherechter an d'Biomedezin, déi normalerweis Convention d'Oviedo genannt gëtt, an hir Protokollen esou schnell wéi méiglech ze ratifizéieren. Well do steet all dat dran, wat mir als nützeleche Complément zu engem Gesetz iwwert d'Stierfhëllef zu Lëtzebuerg gäre géife gesinn.

Résolution 2

La Chambre des Députés,

- considérant que la loi du 28 août 1998 portant sur les établissements hospitaliers prévoit dans son article 40 le droit pour le patient de refuser ou d'accepter toute intervention diagnostique ou thérapeutique;

- considérant que la Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine (Convention d'Oviedo)¹ et ses protocoles, qui consacrent le principe général du droit de refuser ou d'accepter toute intervention diagnostique ou thérapeutique, ne sont pas encore en vigueur au Luxembourg;

- considérant qu'au Grand-Duché de Luxembourg il n'existe pas encore de loi particulière concernant les droits et devoirs des patients;

s'engage

- à approuver la Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine (Convention d'Oviedo) et ses protocoles dans les meilleurs délais possibles.

¹ Convention pour la protection des droits de l'Homme et de la dignité de l'être humain à l'égard des applications de la biologie et de la médecine: Convention sur les droits de l'Homme et la biomédecine, ouverte à la signature, à Oviedo, le 4 avril 1997

(s.) Lydie Err, Jacques-Yves Henckes, Jean Huss, Lydia Mutsch, Carlo Wagner.

An dat Lescht ass och eng Resolutioun, dat heescht eng Opfuereierung un d'Chamber, fir sech d'Moyenen ze ginn, fir no den Ofstëmmungen hei de Public esou ze informéieren, dass mer mat zwee Gesetzer d'Leit net méi duerjerneemaachen, wéi et onbedéngt noutwendeg ass.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu'il est d'usage d'entourer les projets de loi d'une certaine envelopure d'une publicité sous quelle forme que ce soit (p.ex. rédaction d'une brochure sur la législation relative au nom de l'enfant);

- considérant que la proposition de loi 4909 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide constitue une des rares initiatives parlementaires ayant trouvé l'assentiment de la Chambre des Députés;

- regrettant la multitude de messages erronés prononcés de part et d'autre sur les dispositions de la proposition de loi, notam-

ment depuis sa première approbation par la Chambre des Députés le 19 février 2008;

- convaincue de la nécessité d'informer à fond la population des dispositions d'une nouvelle loi qui touche un domaine aussi sensible que la vie et la mort;

s'engage

- à se donner les moyens pour informer le public des dispositions de la loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide par tout moyen utile.

(s.) Lydie Err, Jacques-Yves Henckes, Jean Huss, Lydia Mutsch, Carlo Wagner.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Err. Mir kommen elo zur Diskussioun iwwert de Rapport, deen d'Madame Err gemaach huet. Déi éischt ageschriwwé Riednerin ass d'Madame Martine Stein-Mergen.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn no laangen Diskussiounen an der Kommissioun, an de Fraktiounen, awer och an der Öffentlechkeet déi zweete Kéier haut an dëser Arena, fir iwwert den Thema Euthanasie ze schwätzen.

Ons Positioun vum 19. Februar ass bekannt. Mir hunn deemools ons Retizenzen ugemellt an och an enger ganz grousser Majoritéit vun onser Fraktioun géint d'Proposition de loi gestëmmt. Mir waren notamment der Meenung, dass Froe vu Liewen an Doud sech an der intimster Privatsphär vum Mënsch a senger Famill ofspillen, an dass dës Froen duerfir op guer kee Fall sollten Objet vun iergendwelleche politesche Spekulationen oder Hickhack sinn.

Mir waren och der Meenung, dass een iwwer Ausnahmefäll net sollt Gesetzer maachen.

D'Palliativgesetz gëtt en fait eng Äntwert op déi ganz grouss Majoritéit vu Froen, déi vun den Auteure vun der Proposition an där éischter Mouture am Exposé des motifs ugeschwat waren. Ech erënneren drun, dass d'Proposition de loi vu virum Projet de loi geschichtlech unzesiedelen ass.

Dëst Gesetz, dat mer elo grad gestëmmt hunn, wäert ëmstand sinn, wann d'Palliativmedezin flächendeckend an onsem Land ugebuede gëtt, aner Dieren opzemaache fir déi Mënschen, déi un enger onheelbarer, austerapierter Krankheit leiden an déi mat deene Symptomer konfrontéiert sinn, déi den Doud a munche Fäll begleeten.

Ech wëll och an deem Zesammenhang den Här Huss drun erënneren, dass laut Palliativgesetz dem Vincent Humbert hätt kënne gehollef ginn. Dee Mann hätt a guer kengem Fall därferen déi zweete Kéier intubéiert ginn.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- Op guer kee Fall. Voilà!

Mir hate gesot, dass den Doudeswonsch an deenen allermeeschte Fäll op Depressiounen, Ängschten an Elengsinn zrëckzeféieren ass.

Owes, nodeem d'Proposition de loi eng knapp, mä awer eng Majoritéit krut hat, hu mer am klengen Krees ugefaangen, de Sujet nach eemol ze diskutéieren. Déi Entscheidung, déi den 19. Februar an der Chamber geholl gouf, déi gollt et ze respektéieren, och wa se ons net gefall huet a géint ons geholl gouf.

Mir waren ons och bewusst, dass um Text nach misst vill geschafft ginn, well mer selwer op eng Rei vun Inkongruenzen higewisen haten. An dat war ons och vun der Madame Err bestätegt ginn, well si hat deemools gesot, dass ee sech misst nach op véier, fënnf Froen eens maachen an dass een Zäit derfir hätt, fir sech op e gemeinsamen Nenner ze bréngen.

Nun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir als CSV-Fraktioun an als Partei hunn ons dat zu Häerz geholl. Mir hunn d'Proposition de loi op de Leescht geholl, mir hunn de Wee duerch ons Gremien ugetrueden a mir si mat enger Rei vu Léisungsvirschléi

komm, déi sech an onsen Amendementer ausgedréckt hunn.

Tëscht Enn Februar an elo sinn néng Méint en fait an d'Land gaangen, während deenen d'Auteure vun der Proposition, d'Gesondheetskommissioun, d'CSV-Fraktioun an de Statsrot um Text geschafft hunn. Blouss: Bewegung gouf et just vun enger Säit, an zwar vun onser.

Mir hunn als Partei an als Fraktioun vum 19. Februar un a bis zu engem formelle Beschluss vun onsem Nationalrot den 31. Mee d'Proposition de loi am Detail ausgelicht.

Mir hunn an der Zwëschenzäit Propose formuléiert gehat, wéi ee souguer hätt kënne zu enger kohärenter Deklinatioun vun der Stierfbegleitung kommen am Kader vun engem eenzege richtege Liewensenngesetz. An esou engem Text hätte kënne Palliativbetreiung, Sédatioun a Stierfhëllef an Extremsituatiounen geregelt ginn, an zwar esou, datt vum Regelfall vun der Palliativversuergung bis zur absoluter Ausnahm vun der aktiver Stierfhëllef eng Gradatioun etabléiert gi wier, déi de wierkleche mënschleche Suergen, Ängschten an Erwaardungen um Liewensenn effikass Rechnung gedroen hätt. Dës Bestriewunge vun onser Säit goufe verworf.

Mir hu schlussendlech eng ganz Lëscht vun Amendementer formuléiert, déi onser Bereedtschaft Ausdrock ginn, fir Euthanasie an Ausnahmefäll ze akzeptéieren a gesetzlech ze encadréieren. D'Reaktioun vun der Majoritéit vun der Gesondheetskommissioun op déi Amendementer war zimlech kloer: Alles, wat mir an der Substanz zum Virgank vun der Stierfhëllef proposéiert hunn, gouf verworf. Ech hunn Zweiwelen drun, dass iwwerhaapt eng Kéier déi verschidde Fraktiounen, déi d'Majoritéit an der Gesondheetskommissioun op dësem Dossier gestallt hunn, sech agoend mat onsen Texter beschäftegt haten, ier se se refuséiert hunn.

Et därfer deemno keen iwwerraschen, dass meng Fraktioun och haut net bereet ass, den Text vun der Proposition de loi, wéi e virläit, ze stëmmen. Dësen Text ass medezinesch an ethesch héchst bedenklech. Ech wëll haut net méi de Collège médical, den nationalen Ethiksrot, de Conseil d'État, de Conseil de l'Europe an all déi aner national an international Instanzen zitéieren, déi dat beleeeën. Juristes, wéi mer d'Kollegee soen, déi vun deene Saachen eppes méi kenne wéi ech, ass e carrément katastrophen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass eis Proposen en drastesch an allen Hisiichte verbessert hätten. Mä vläicht war jo grad dat net erwënscht.

Et gëtt am Fong eng einfach Trennungslinn tëscht onser Positioun an där vun den Auteuren. Dës Trennungslinn etabléiert den Ënnerscheed tëscht Stierfhëllef als absoluten Usproch am Kader vun der Selbstbestimmung vum Mënsch, och wann e sech net an enger medezinesch total hoffnungsloser Situatioun befënnt, an der Stierfhëllef als Ausnahm, der Exception d'euthanasie, op déi da kann zrëckgegraff ginn, wa wierklech soss näischt méi wierke kann.

All déi schéin Aussoen aus der Debatt vum 19. Februar mussen an dësem Kontext revisitéiert ginn. Enfin, et waren der och, déi direkt kloer waren, wéi dem Här Wagner seng, dee fonnt huet, et géif keng Ännerung an deenen Texter ginn, soulaang domat nëmmen d'CSV an d'Minoritéit kéint gesat ginn. Dann ass et och evident, wat ee wëllt.

(Brouhaha)

Dir kënnt et am Text noliessen.

Da wëllt ee keng Ausnahmeuthanasie weinst der Saach,...

M. le Président.- Wann ech gelift!

Mme Martine Stein-Mergen (CSV).- ...da wëllt een e Recht op Stierfhëllef géint dee konservative politesche Géigner. Dat ass net besonnesch nobel, mä et ass op d'mannst kloer.

Mä et gouf och aner Aussoen. Esou zum Beispill déi vun der Madame Err: „Mir brauchen och e Gesetz fir déi 5 bis 6% vu Leit, déi iwwert d'Palliativmedezin net kënne gehollef kréien - an dat soe selwer déi Dokteren, déi an der Palliativmedezin schaffen -, fir doriwwer eraus déi Hëllef méiglech ze maachen.“

De President vun der LSAP, den Alex Bodry, huet et esou formuléiert: „Et ass mäin Uleies - ech wëll dat och hei besonnesch ervirstärken, an ech si sécher, dass d'Auteure vun der Proposition de loi dat Uleies deelen -, dass eppes, wat als absolut Ausnahm geduecht ass - d'aktiv Stierfhëllef -, net därfer zu enger Selbstverständlechkeet an net därfer zum Regelfall ginn. D'aktiv Stierfhëllef

muss eng absolut Ausnahm fir Ausnahmesituatiounen bleiwen.“ An och nach: „D'Prioritéit bleift an alle Fäll - an ech stinn do zu deem Vote, dee grad gemaach ginn ass, virun enger gudder Stonn - den Ausbau vun der Palliativmedezin hei zu Lëtzebuerg.“

Här President, wann déi Aussoen eescht gemengt wieren, wa se éierlech wieren, dann hätt sech ouni Problem eng Majoritéit ronderëm eis Amendementspropositiounen missen erginn. Wann et wierklech ëm absolut Ausnahm géif goen, ëm 5% vun de Liewensenssituatiounen, wou näischt méi ouni Hëllef ze maachen ass, dann dierft dach am Fong keen e Problem mat deem hunn, wat mir virgeschloen haten. Mä et geet net dodrëm.

Et geet dodrëm, dass d'ADMD eis Amendementer fustigéiert huet, well si d'Recht op Selbstbestimmung géife fundamental aschränken. An ech muss net emol d'ADMD beméien, fir dee Rasonnement ze begrënnen. Souguer am Rapport vun der Kommissioun heescht et par rapport zu engem Amendement vun der CSV, mat deem d'Konditiounen vun enger Euthanasie sollte verschäerft ginn: «comme il entend néanmoins obliger le patient de passer par le „filtre palliatif“, la commission parlementaire a décidé de rejeter l'amendement en question». Dat ass vun der Madame Err de Moien nach eng Kéier zur Sprooch komm.

Ech erënneren och an dësem Zesammenhang un eng Ausso vum Här Huss an der Santéskommissioun, wou hien als lichternd Beispill de Fräidoud vum franko-éisträichschen existenzialistesche Philosoph André Gorz beméit hat. Deen hat sech Géit besuergt vun engem Dokter, mat deem en net nëmme konnt seng Fra ëmbréngen, déi effektiv schwéier krank war, mä och sech selwer. Hei si mer dann an enger Perspektiv vum „süßen und ehrenvollen Tod“, enger Kultur vum Selbstmord, déi mir selbstverständlech esou net matdroen.

Onst Uleies ass a bleift d'Liewen. Wou bleift d'Prioritéit fir d'Palliativmedezin, vun där den Här Bodry op dëser Tribün geschwat hat?

Fir ons ass kloer, dass déi, déi vun engem Filtre palliatif schwätzen, d'Euthanasie als gläichberechtegt Alternativ zur Palliativmedezin wëllen, an net als allerleschte Complément derzou, wann d'Palliativmedezin net oder net méi wierkt.

Et geet also dorëms, dass mer an zwou philosophesch an ethesch verschiddene Welte liewen. Am beschten ass dat dättelech ginn, wéi d'Auteuren en Amendement zum Artikel 2 proposéiert haten, wou se wollten all Mënsch e Recht op Stierfhëllef araumen, deen eng Affection grave et incurable hätt. Also Diabète, eng just diagnostizéiert Multiple Skleros, eng HIV-Infektioun oder all aner Krankheitsbild, wat esou e Verlaf kann hunn. Hei goung et eendeiteg ëm Stierfhëllef ab Diagnos vun enger méi schlëmmer Krankheit an onofhängeg dovun, wéi de Krankheitsverlaf da sollt sinn, an dovun, wéi séier a wéi dramatesch dass se wier.

Deen Amendement ass op Avis vum Statsrot zrëckgezu ginn. Mä et huet beluecht, wat huet misse beluecht ginn. Et huet belicht, wat huet misse belicht ginn.

D'Auteure vun der Proposition de loi an d'CSV kënne sech net eenegen. Den Auteure geet et ëm e Recht op Stierfhëllef, egal wat si och kierzlech nach behaupt hunn, well deen Amendement, deen ech zitéiert hunn, schwätzt fir sech an e mécht dat haart an dättelech.

Ons geet et ëm d'Schafung vun enger Méiglechkeet, d'Stierfhëllef als allerleschten Auswee zouzeloossen, wann näischt anescht méi geet.

D'CSV-Fraktioun an d'CSV als Partei hu Respekt viru verschiddenen Iwwerzeegungen, viru Meenungen, déi hir net sinn, mä déi awer selbstverständlech aneren hir kënne sinn. Just därfer een dann net esou maachen, wéi wann et ons dach alleguerten ëm datselwecht géif goen. Dat ass net esou.

Ons geet et ëm d'Regelung vun absoluten Ausnahmefäll, wou näischt méi hëlleft a wou Palliativmedezin net oder net méi gräift. Anere geet et dorëms, dass e Recht op Stierfhëllef soll agefouert ginn, dat och ausserhalb vu reelle Liewensenssituatiounen ginn ass. Et geet ons also net ëm datselwecht.

Et ass ons ni ëm datselwecht gaangen. A well et ons net ëm datselwecht gaangen ass, konnt och keng Eenegung op onsen Amendementer erbäigefouert ginn. Mir stoungen duerch déi ganz Prozedur eleng. Mir fannen dat schued.

Mir hunn onst probéiert an ons Amendementspropositiounen si bekannt. Si sinn an der Gesondheetskommissioun ofgelehnt

ginn, vun techneschen Detailer ofgesinn, an och de Statsrot huet sech nëmme literaresch domat beschäftegt, amplaz se op hir inhaltlech Mériten ze bewäerten. Soit!

Da loosse mer elo emol kucken, wat mer haut hei solle stëmmen, a loosse mer kucken, woufir d'CSV-Fraktioun den Text, wéi d'Kommissioun en hei proposéiert, ënner guer kengen Ëmstänn ka stëmmen.

An dësem Text gëtt et véier Elementer, déi ons am Wesentlechen dovunner ofhalen, him ons Zoustëmmung ze ginn. Dovunner sinn der zwee absolut determinant. Wann déi net esou wiere wéi se nun eben awer sinn, da kéint een déi zwee aner als textuell an inhaltlech Onzoulängelechkeete qualifizéieren, déi awer net bestëmmend wieren.

Determinant am virleidenen Text fir ons Oflehnung ass d'Formulatioun vun de Konditiounen, ënnert deenen eng Euthanasie ka virgeholl ginn, an d'Aart a Weis wéi virum Akt selwer seng Justifikatioun soll erbäigefouert ginn. Dobäi ass fir ons manner wichtig, ob et sech ëm Stierfhëllef oder medezinesch Hëllef zum Selbstmord handelt, well d'Resultat ass fir ons datselwecht.

D'Konditiounen, ënnert deenen eng Euthanasie ka stroffräi bleiwen, sinn elo folgendermoosse formuléiert: 1) Le patient est majeur, capable et conscient au moment de sa demande; 2) La demande est formulée de manière volontaire, réfléchie et, le cas échéant, répétée, et elle ne résulte pas d'une pression extérieure; 3) Le patient se trouve dans une situation médicale sans issue et fait état d'une souffrance physique ou psychique constante et insupportable sans perspective d'amélioration résultant d'une affection accidentelle ou pathologique.

Da muss och nach eng schrëftlech Demande virleien. Ech wëll just nach emol drun erënneren - domat hat ech mech den 19. Februar intensiv beschäftegt -, dass ganz vill Mënschen, grad um Enn vun hirem Liewen, net méi fräi sinn, well se sech ënner ganz ville Formen vum Drock spieren. Wou och ëmmer deen hierkënnt a vu wem en och ëmmer ausgeet, en ass do. En ass präsent. E kann d'Verhale vun engem Patient bestëmmend beaflossen.

Fir dass dee Problem keen oniwwerwandbare gëtt, mussen déi objektiv Konditiounen, ënnert deenen en Doud op Demande kann erbäigefouert ginn, ëmsou méi kloer novollzéibar a strikt sinn. Elo muss de Patient sech also an enger Situation médicale sans issue befannen, op eng onerträglech Manéier leiden, ouni dass dat Leiden eng Aussicht op Lënnung huet. Punkt.

Wat heescht dat dann am Fong? Dir kënnt mer soen, dat ass an Holland an an der Belsch net anescht, mä wat heescht et dann do? Vergläicht emol eng Kéier d'Euthanasiezuelen a Flandern an a Wallounien. Da stelle mer fest, dass et Stierfhëllef onendlech vill méi dacks a Flandern wéi a Wallounien gëtt. Dat läit dach net dorun, dass Flandern e puer Awunner méi huet. Dat läit dach och net dorun, dass d'Leit a Wallounien méi gesond wieren. Neen, et läit dorun, dass Wallounien eng méi staark entwéckelt palliativ Praxis an Tradition an der Pallativmedezin huet, déi Flandern net huet. Esou kënnt et dann, dass vill méi onerträglech schéngend Leiden a Flandern optauche wéi a Wallounien.

D'Formulatioun vun dëser Konditioun hëlleft also net wierklech, fir Euthanasiewënsch anzëschränken, déi net missten ausgedréckt ginn, wann eng anstänneg palliativ Offer a reell Betreungsméiglechkeete besténgen. Duerfir hate mir proposéiert fir derbäizesetzen, dass d'Leide vun deem betraffene Mënsch net vun der kurativer an der palliativer Medezin en charge geholl kéint ginn, ier eng Euthanasie sech kéint rechtfertegen. Dat Ganzt mat engem explizite Verweis op d'Patienterecht, fir en Traitement, och e palliativen, ze refuséieren, dat schonn zënter laanger Zäit bei ons, och wann et nëmmen am Spidolsgesetz ausgedréckt ass, besteet, an dat och net nëmme fir d'Liewensenn gëllt, mä ganz allgemeng fir Traitementen.

Wat wëlle mer? Wëlle mer eng Kultur vum Liewen, och um Liewensenn, oder wëlle mer eng Kultur, wou de Fräidoud eng morbid Faszinatioun soll duerstellen, well mer ons mat deene leschte Momenter vun Liewen net méi wëllen auserneesetzen? Wëlle mer eng Gesellschaft, an där alles, wat net méi jonk a schéin a lëschteng ass, am Fong onerträglech gëtt a soll aus onsem Bléck verschwannen? Oder wëlle mer eng Gesellschaft, an där mer Krankheit bis zum Doud akzeptéieren, well dat eent an dat anert Dealer vum Liewe sinn?

D'CSV wëllt eendeiteg dat Zweet. Och weinst de méiglechen Abusen, och weinst dem Drock, dee kann op d'Patienten ausgeübt ginn, och weinst der „unerträglichen

Leichtigkeit des Seins“, mat där sech haut schonn un d'Doktere gewannt gëtt, fir dass enger krankheetsbedéngt komplizierter Liewenssituatioun soll en Enn gesat ginn. Mir hunn also en Zousaz proposéiert, mat deem dat hätt kennen erreecht ginn. Deen Zousaz gouf refuséiert. Deemno musse mer elo deen Text refuséieren, deen d’Kommis-sioun zrëckbehalen huet.

Deen zweeten determinante Grond, aus deem mer müssen deem virleienden Text ons Zoustëmmung verweigeren, ass deen, dass et keng anstänneg Kontroll vun der Rechtméissegkeet vun der Euthanasie soll ginn, ier se vollzu gëtt. Och dat hate mer proposéiert, an der Form vun engem Kolle-gium vu Fachmedeziner, dee virun all Eu-thanasie misst mat der Kontroll vun der Erfëllung vun de Konditiounen, wéi mir se virgesinn haten, befaasst ginn. Och dësen Amendement vun ons gouf net zrëckbeha-len.

Et freet ee sech, woufir een net konnt eng Majoritéit vu Membere vun der Kommis-sioun hanner sech vereenen, a woufir also elo net en Text mat enger reeller A-priori-Kontroll virun ons läit. Wat ka falsch dru sinn, wann ee wëllt eng Demande vun Eu-thanasie engem Gremium vun Dokteren ën-nerbreeden, dee se kollektiv an zesumme soll am Detail préiwen, ier ee vun hinnen, a si awer och zesummen, se an d'Dot ëmset-zen?

Wou ass de Problem, wa soll, niewent dem behandelnden Dokter, ee Spezialist vun der Krankheet vum Patient, ee Palliativmedezi-ner an ee Psychiater dozougezu ginn, fir ze ermëttelen, ob d'Stierfhëllef wierklech déi eenzeg Optioun ass, déi de Patient vu sen-gem Leide ka befreien?

Mir sinn, mir waren a mir bleiwen der Iwwer-zeegung, dass eng Euthanasie keng Ur-gence ass. Wann deemno eng Euthanasie sech nëmmen, an do gesi mer nees d'Saach fundamental anescht wéi d'Auteure vun der Proposition de loi, ausserhalb vun der Urgence iwwerhaupt virstelle léisst, da kann an da muss se och am Detail op hir Rechtfertegung gepréift kënne ginn. Deen Text, deen ons zum Vote virläit, gesäit vir, dass de behandelnden Dokter en aneren Dokter consultéiert, deem seng Meinung soll concordéieren. Ech si selwer Dokter, an et ka kee vu mir soen, ech wier sonnerlech mëssstrauesch par rapport zu mengen Dok-teschkolleegen. An dach, een Dokter, deen een aneren Dokter freet, ier hien eng Eutha-nasie praktizéiert, dat ass mir, dat ass ons ze wéineg.

Do gëtt net am Detail mam Patient iwwer palliativ Optiounen geschwat, well dee Kol-leeg, dee consultéiert gëtt, emol net muss eng spezifesch Ausbildung a Praxis doriw-wer kënne virweisen. An do gëtt haaptsäch-lech och net am Detail gekuckt, wat fir eng Zort Leiden de Patient motivéiert a woufir, well keen Dokter de Patient ënnert d'Lupp hält, dee sech all Dag mam séilesche Be-fanne vun de Mënsche befaasst. Mir wollten dräi Spezialisten an deem Kollegium, déi zesummen décidéieren, ob eng Fro no Stierfhëllef gerechtfertegt ka sinn oder net. Zousätzlech e Spezialist vun der Konditioun vum Patient, e Palliativmedeziner an e Psy-chiater. Mir koumen domat net duerch.

Abee, mir sinn net d'accord mat der Consul-tatioun vu just engem weideren Dokter, dee méi oder manner Kenntnisser iwwert d’Kon-ditioun vum Patient huet. Mir sinn net d’ac-cord mat der Consultatioun op reng fräiwël-leger Basis vun iergendengem Drëtten, deen dann Expert genannt gëtt, mat wat fir engem Recht och ëmmer. Mir wollten eng wierklech, eng reell, eng effikass Kontroll a priori. Déi gouf ons verweigert, mä vill méi schlëmm, déi gouf deene Betreffene verwei-gert, déi kéinten am Fall sinn, mat der Argu-mentatioun, hei géif alles ze vill schwéierfäl-leg gemaach ginn.

Wéi schwéierfällleg kann, soll, muss de me-dezinesch assistéierten Doud da sinn? Soll dat „sur simple demande“ kennen iwwert d’Bühn goen, well et grad esou gefrot ass? Oder dränge sech net nach awer Verifika-tiounen op, déi onser Meinung no roueg kennen e bësse schwéierfällleg sinn, fir ze verhënneren, dass deen, deen op eemol seng Meinung géif änneren, deen dat net méi wëllt, net kann, well hie schonn dout ass?

D’CSV-Fraktioun ass décidéiert der Mee-nung an der Iwwerzeegung, dass et keng Euthanasie ka ginn, ouni dass eng De-mande am Virfeld bis an de leschten Eck ausgelicht ass. Hei geet et drëm, ob e Mësch op säi Verlangen hien doutge-maach soll ginn. Dat däerf an der Evalua-tioun vu Sënn an Zweck vum Akt roueg e bësse méi komplizéiert sinn. Deen eifan-chen, deen onkomplizéierten Ëmgank mat Liewen an Doud fënnt ons Zoustëmmung net.

Här President, wann dat alles wier, da wier et eigentlech scho genuch, fir dass keen, deen Euthanasie als allerleschten Auswee gesäit, amplaz als eng Optioun fir vill, dee virleienden Text vun der Proposition de loi kéint stëmmen. Mä do ass nach. Do ass nach méi, wat u sech net bestëmmend ass, mä wat am Zesummenhang mat deene gra-ven Onzoulänglechkeete vum Text, déi ech beschriwwen hunn, weider dozou bäidréit, dass mer ons net an der Lag gesinn, d’Pro-positioun ze stëmmen.

D’Auteure vun der Proposition an d’Majori-téit an der Kommissioun waren der Mee-nung, dass eng einfach a kloer Regel am Be-zuch op d’Stroffräiheet vun der legaler Euthanasie net genuch wier. Do gouf sech dann op Terraine beweegt, déi mat engem Gesetz iwwer Stierfhëllef strictement näischt ze dinn hunn an déi just beschratt goufen, fir engem Deel vun der organisierter Dok-terschaft entgéintzekommen. Esou wäit ent-géint, dass den Inhalt vum Text sech um Bord vum Absurde befënnt.

Wat kann e Gesetz iwwer Stierfhëllef maa-chen, fir dass en Dokter esou eng Hëllef stroffräi ka ginn? Abee, just eng einfach Saach: Et kann de Prinzip vun der Stroffräi-heet etabléieren, wann hie sech un d’Re-geler vun deem nämlechte Gesetz hält. Net méi an net manner. Et kann net dës Stroffräi-heet, dës prinzipiell Immunitéit virun der Poursuite pénale nach uräicheren duerch zivil Immunitéit. An et brauch net, dat ass am Fong eng total Redundanz, sech ze beschäftege mat disziplinaresche Konse- quenzen, déi aus enger net gesetzsméis-seger Stierfhëllef kéinte resultéieren.

Kee Gesetz vun der Welt kann en Akt vum Doudmaache jeensäits vun all gerichtle-chem Zougrëff stellen. Kee Gesetz vun der Welt ka verhënneren, dass een Akt vun Eu-thanasie Géigestand vun enger Plainte um Pénal gëtt, mat oder ouni zousätzlech Fuer-derungen um Zivil. Esou e Gesetz kann a muss, soss mécht et kee Sënn, de Prinzip vun der Stroffräiheet vum Dokter, an aus on-ser Siicht den Dokteren, etabléieren, well mir schwätze jo vun engem Kollegium, déi am Kader vum Gesetz Stierfhëllef leeschen.

Wann awer dach een, dee sech beträff fillt, an et och ass, duerno op d’Gericht geet an d’Gericht biet, sech mat deem Virgang ze befaassen, dann ass et eleng d’Aufgab vun de gerichtlechen Autoritéiten, iwwer Sënn an Onsënn vun dëser Saisine ze befannen. De Gerichter déi Kompetenz wëllen ewech-zehuelen, ass - an den Ae vun onser Frak-tioun - am Rechtsstat net denkbar. Natier-lech wäerte se net lichterfankeg op d’Plainten an Zivilfuerderungen agoen, déi am Fong konträr sinn zum Prinzip vun der Stroffräi-heet vun der legaler Euthanasie. Natierlech ka keng Zivilklo Succès hunn, wann den Akt vun Euthanasie, deen hir zugronn läit, ge-setzméisseg iwwert d’Bühn gaangen ass. Mä déi total an absolut Immunitéit vu ge-richtleche Suitë vun enger Euthanasie kann et net ginn.

All Text, deen dës Saach behandelt, soll also eng penal Stroffräiheet erbäiféieren. All Text, deen doriwwer erausgeet, dee fält am Fong dohanner zrëck. An da gëtt jo an deem Text, deen d’Kommissioun ons zum Vote virleet, och nach eng Ex-post-Evalua-tiounskommissioun domat befaasst, fir eventuell Ulooss zu disziplinaresche Pour-suitë géint en Dokter beim Collège médical ze ginn. Wat dat soll, versti mer net esou richtig.

Déi medezinesch Professioun ass eng, déi reguléiert ass an iwwer en disziplinarescht Organ verfügt, mä dat kann dach verstän-negerweis net befaasst ginn, wann eng Kommissioun feststellt, dass en Dokter soll eenzel Konditiounen am Ëmgank mat en-gem Patient net befollegt hunn, ier hien deem senger Demande zur Stierfhëllef stattgëtt. Den Text vun der Proposition de loi, dee mir virleien hunn, ass keen deonto-logescht Dokument. Et ass keng Bedie-nungsanleitung fir d’Ausübung vun der me-dezinescher Konscht am 21. Jorhonnert. An deem Text geet et ëm d’Stroffräiheet vun en-gem Akt, deen den Doud erbäiféiert, am Kontext vun engem spezielle Gesetz zu deem Effet. Ëm soss guer näischt an ëm näischt anescht kann et goen. D’Matière disciplinaire vun den Dokteren huet an esou engem Text näischt verluer.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e leschte Punkt, deen ons et onméiglech mécht, d’Proposition ze stëmmen, ass d’Zesummesetzung an d’Fonctionnsweis vun där Kommissioun, déi soll no enger Stierfhëllef evaluéieren, ob do alles rechtens a korrekt war. Déi Kommissioun ass an dë-sem Text déi eenzeg kollektiv Instanz, déi sech mat dem Bien-fondé vun enger Eutha-nasie ze beschäftegen huet. A wéi ass se zesumme-gesat? Aus e puer Juristen, déi objektiv ermëttelt ginn, zum engen. An

dann? Aus gewerkschaftlech organiséierten Dokteren, an aus gewerkschaftlech bestëmmte Membere vun enger Patiente-vertriebungsorganisatioun, zum aneren. Plus nach zwee hallefwee-gs novollzéibar Nominatiounen.

Dat ass u sech scho problematesch ge-nuch, well mer et hei mat der Vergewerk-schaftung vun Doudesfäll ze di kréien. Wat huet d’Patientevertriebung an där Kommis-sioun verluer? Wou läit deem Veräin seng Kompetenz an der Evaluatioun vun der Rechtméissegkeet vun der Stierfhëllef? A woufir muss et d’AMMD sinn, déi jo zwee vun deenen dräi Doktere soll stellen? De Collège médical ass an der Profession mé-dicale eenzeg zoustänneg fir d’Déontologie médicale a si hunn och déi disziplinar Moosnamen ze ergräifen, déi eventuell ze ergräife sinn.

Déi Kommissioun, déi ons haut proposéiert gëtt, ass eng einfach Absolutiounskommis-sioun. Si verfügt weder iwwert d’Kompetenz nach iwwert d’Prozeduren, fir op eeschthaf Manéier en Euthanasievirgang kennen of-schléissend an ëmfaassend ze bewäerten. Nëmme siwe vun hiren néng Membere mus-sen do sinn, wa se hir Décisiounen hält. An da gi véier Leit duer, fir ze bestëmmen, ob eng Stierfhëllef rechtens a korrekt war oder net. Véier vun néng! Do muss also net emol en Dokter matstëmmen, do muss net e Ju-rist matstëmmen. Vun deenen zwou Profes-siounen kënne se jeeweils alleguerten der-géint stëmmen, ouni dass dat op iergend-eng Aart a Weis eng Konsequenz hätt. Fir ons ass dat eng gelungen Aart a Weis, der Aarbecht vun dëser Kommissioun wëllen d’Ausdonstung vun engem gewësse Seriö a grousser Responsabilitéit ze ginn, Här Pre-sident.

D’Konditiounen vun der Euthanasie, déi ons hei proposéiert ginn, si fir d’CSV net ausree-chend an hirer Stringenz. D’Gesetzespropo-sitioun vermëscht Strof- an Zivilrecht, an och nach d’Disziplinarrecht vun der medezinscher Professioun. Schlussendlech gesäit se eng Evaluatiouns- a Kontrollkommissioun vir, déi alles ass, just keen Organ, dat kéint um Enn vun enger Prozedur duerch d’Kon-fektioun vu sengen Zoustännegkeeten a Be-fugnisser sécherstellen, dass bei der Stierfhëllef kee Mëssbrauch a keng Liicht-fankegkeet bedriwwen gouf. Si ass eng Farce. Si ass e Pabeiertiger. An dës Kontroll ass eng Schäinkontroll. Mir froen ons mëtt-lerweil, ob dat esou gewollt ass.

Et ass keng A-priori-Kontroll virgesinn, wat fir d’CSV inakzeptabel ass. Stellt lech emol vir, dass ee Fall vun Euthanasie ex post géif als douteux ugesi ginn. Stellt lech emol vir, dass ee Fall géif weidergi ginn op e Ge-riicht, an dat géif feststellen, dass de betraf-fenen Dokter falsch gehandelt hätt. Da wier et fir de Patient ze spéit, de Patient wier dann dout a begruewen. Duerfir ass onser Meinung no déi Kommissioun esou zesu-mme-gesat wéi se elo zesumme-gesat ass, a si huet déi Ofstëmmungsméiglechkeeten, déi se huet.

Dat alles bréngt ons dozou, fir dësem Ge-setz net kennen zoustëmmen. Alles dat, wat mir an esou engem epochalen Text fir wesentlech gehalen hunn, wat e Must ass, ass ganz einfach net dran. Et ass net dran, well seng Autoren an eng Majoritéit an der Gesondheetskommis-sioun vun der Cham-ber dat net wollten. Mir kennen all déi Son-dagen, déi zu dësem Sujet gemaach gou-fen. Mir wëssen, dass 70-80% vun de Leit an onsem Land sech fir aktiv Stierfhëllef ausschwätzen. Mä mir wëssen awer nach méi. E Sondage vun der CSV-Fraktioun huet erginn, dass 85% vun de Leit gär hätten, dass Euthanasie just als allerlescht Optioun erméiglecht gëtt, wann näischt anescht méi geet an näischt anescht méi gräift.

85% vun de Leit hätte gär, dass eng mede-zinesch Konditioun ëmfaassend austhera-péiert ass, ier et kann zu Stierfhëllef als last exit kommen. Mir wëssen och, dass ronn 70% vun de befrotenen Leit der Meinung sinn, dass déi Kontrollkommissioun, déi am Moment virgesinn ass, eng mëssbräichlech Uwendung vun engem Euthanasiegesetz net ka verhënneren. Dat gouf alles demos-kopesch ermëttelt, an eng Saach schéngt ons dobäi wichteg: Déi iwwergrouss Majori-téit vun de Leit am Land stelle sech mat deenen Astellungen an Aschätzungen han-nert d’Positioun vun onser Fraktioun.

Wat och ëmmer Ëmfroe wäert sinn, si bestä-teen an den Detailler vun der Fro d’Posi-tioun vun der CSV-Fraktioun, a keng aner. Mir hunn ons Positioun vu virun engem Joer iwwerduecht. Mir hunn ons beweegt. Déi Bewegung huet ons an d’Mëtt vum Vollek gefouert, wou d’Meenung ass, dass als al-lerleschte Choix, wann et soss kee méi gëtt, et och däerf Stierfhëllef ginn. Anerer hu sech net beweegt. Mir fannen dat schued. Onse Wëllen, an dësem Dossier eng méi breet Majoritéit ze erméiglechen, ass be-

luecht an dokumentaresch bewisen. En huet déi, déi ons an der Gesondheetskommis-sioun iwwerstëmmt hunn, awer net inter-esséiert. Deemno bleibt ons Haltung elo selbstverständlech déi, déi se den 19. Fe-bruar war.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Merci, Madame Stein. D’Wuert huet elo den honorabelen Här Carlo Wagner.

» **M. Carlo Wagner (DP)** - Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d’alleréisch den Auteure vun dëser Ge-setzesproposition e grouse Merci ze soen. Si waren, grad ewéi virum éischte Vote an der Chamber hei am Februar dëses Joers, och duerno an deem ganzen Diskus-siounsprozess an der Chamber, mä awer och ausserhalb vun dëser Enceinte, op fir Suggestiounen, Kommentären, a si waren och, bis op e gewëssene Punkt selbst-verständlech, kompromëssbereet.

Ech wëll och der Presidentin vun der Ge-sondheetskommis-sioun, der honorabeler Madame Lydia Mutsch, nach eng Kéier e grouse Merci soe fir d’Aart a Weis, wéi d’Aarbechten an eiser Kommissioun geleet gi sinn a wéi si alles drugesat huet, fir hei en Text kennen ze presentéieren, deen d’Es-senz même vun deem, dee mer majoritaire-ment virun zéng Méint gestëmmt haten, res-pektéiert an an deem zugläich verschidde Punkte méi kloer gi sinn, andeems mer den Doléancé vum Statsrot Rechnung gedroen hunn.

Dat huet dozou gefouert, dass och de Stats-rot - deen, wann ech däerf drun erënneren, sech verweigert hat am Virfeld vun deem éischte Vote, dësen, oder besser gesot deen initialen Text vun der Proposition de loi Err/Huss ze aviséieren - elo keng Incompa-tibilitéite méi tëschent deenen zwee Texter gesäit, déi elo méi wéi jee kompatibel a complémentaire sinn.

Här President, déi mannst an der Santés-kommis-sioun hu wuel geahnt, dass och kuerz vi-rum Vote dat Ganzt eng Tournure géif kréien, déi eis bal an eng institutionell Kris gestierzt hätt, mä d’Originé vun där quasi Kris sinn doudsécher net an den Aarbechte vun der Santéskommis-sioun ze sichen, déi hir parlamentaresch Aarbecht gewëssen-haft gemaach huet. Ech wëll net weider op dëse bedauerleche Sujet hei agoen.

Et ass sech, wéi gesot, vill Méi gemaach ginn an der Santéskommis-sioun, fir an aller Serenitéit Léisungen ze fannen, wat net evi-dent war, vu de Kontext, an deem déi ganz Fro ëm d’Euthanasie stattfonnt huet. Et ass fir d’éischt emol dee Kontext ze ënnersträi-chen, dee sech doduerch charakteriséiert huet, dass den 19. Februar d’Majoritéit en fait eng aner war, wéi dat an där normaler Konstellatioun de Fall ass.

Ech wëll hei der CSV hir Attitüd ervirsträi-chen, déi endlech, nodeems se sech an en-ger éischter Phas enger Diskussioun total verschloss huet, versicht huet, den Dréi ze kréien. D’CSV huet och agesinn, dass d’Pal-liativmedezin net kann an alle Fäll eng Léi-sung duerstellen, an dass et ebe Fäll gëtt, Ausnahmefäll, an deenen d’Euthanasie kann d’Léisung, fir net ze soen d’Erléisung sinn, falls dat selbstverständlech dem Wonsch vum Patient entsprécht. Dëser Meinung sinn ech och an dëser Meinung war ech nach ëmmer.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Domadder huet d’CSV awer de Principe même vun der Euthanasie unerkannt. Ech hu schonn a menger Stellungnahm vum 19. Februar dëses Joers dorop higewisen, dass d’Euthanasie nëmme virgesinn ass fir ex-trem Fäll. Ech vertrieeden awer d’Meenung net, dass d’Palliativmedezin d’Conditio sine qua non misst sinn, fir d’Euthanasie kennen ze ënnerhuelen, dass also de Patient, dee leit, fir d’éischt gezwongen ass, d’Soins pal-liatifs ze duerchlafen. Ech sinn dergéint, dass hei eng obligatoresch Zwëschenetapp agebaut gëtt, souzesoen e Passageexa-men, um Ënn vun deem et fir déi concer-néiert Persoun praktesch onméiglech gëtt, nach kënnen e fräien an iwwerluechte Choix ze treffen.

Här President, ech wëll awer och nach e puer Wuert iwwert dee gesellschaftleche Kontext soen, an deem sech d'Diskussioun ronderëm d'Euthanasie ofgespillt huet. Dës Fro gouf natierlech an der Öffentlechkeet, an de Medien diskutéiert, kontrovers diskutéiert, wat bei esou engem sensibele Sujet jo och net verwonnerlech ass. Et gouf, et gëtt an et wäerten och an Zukunft verschidde Meenungen zu dëser Fro iwwer Liewen an Doud ginn. Ech sinn och e Verfechter vun der Sträitkultur, soulaang déi sech am géigesäitege Respekt an an der réciproquer Toleranz ofspillt.

Dëse Respekt an déi Toleranz vis-à-vis vun anere Leit hир Meenung hunn ech, an ech mengen, ech net eleng, méi wéi eemol vermësst, an dat vu Säite vu verschiddenen - ech ënnersträichen, verschiddenen - Euthanasiegéigner, also Aktiune vu vereenzelte Leit oder an Associatioune regrupéiert, déi sech net ze schued waren, fir Onwourecchten an d'Welt ze setzen, Angscht ze propagéieren, Leit souguer ze diffaméieren, ob politesch Responsabel oder net.

Si stellen d'Euthanasie als eng Doudsënn duer, wëssen awer selwer, dass d'Palliativmedezin och zum Doud ka féieren. Mä, et gëtt vun hinne behaapt, d'Intention wier eng aner, wéi wa si eleng de Monopole du coeur hätten. Hei huet iwwregens och en Deel vun der Press, fir net ze soen eng Tageszeitung, e ganz onfairt Spill gespillt a sech als Propagandablat vun Euthanasiegéigner de tous bords entpuppt.

Här President, ech hoffe wierklech, dass, nodeems dat Gesetz hei demokratesch gestëmmt ass, déi Hetzcampagne elo endlech ophält, dass endlech erkannt an unerkannt gëtt, dass mer hei e Gesetz stëmme sollen, dat et jiddwerengem erlaabt, an Dignitéit ze stierwen, ouni dass engem dat kann operzwonge ginn. Ech hu ganz vill Verständnis fir déi Leit, déi fäerten, et kéint hei zu Abusë kommen. Ech sinn awer där Meenung, dass déi Angscht net begrënnt ass, well am Gesetz eng ganz Rei vu Garde-fousen agebaut sinn.

Ech wëll nach eng Kéier drop hiweisen, dass eng ganz Partie vu Konditioune mussen erfüllt sinn, ier op d'Euthanasie oder d'Aide au suicide kann zréckgegraff ginn. Esou kommen nëmme Patienten a Fro, déi eng konstant onerdrobar Péng ëmfannen a wou keng Hoffnung op Heelung oder Besserung besteet. Mineurë sinn iwwregens an där neier Fassung vum Gesetz ausgeschloss ginn. De concernéierte Patient muss de Wunsch no Euthanasie kloer zum Ausdrock bruecht hunn, an dat schrëftlech. Den Dokter muss sech un eng ganz strikt Prozedur halen, ugefaangen domadder, dass hien de Patient muss iwwer säi medezineschen Zoustand opklären. Den Dokter muss en aneren Dokter consultéieren a sech och mat him concertéieren.

All déi Démarchë ginn an dem Dossier médical vun dem concernéierte Patient age droen. Den Dokter huet iwwregens zousätzlech och d'Méiglechkeet, fir nach eng drëtt Persoun, sief dat en Dokter, sief et e Jurist oder eng aner Persoun ze consultéieren. Et gëtt och eng Commission nationale de contrôle et d'évaluation geschaf, déi net nëmmen d'Dispositions de fin de vie soll enregistrieren, mä déi och virun allem genauestens nokucke kann, ob d'Konditiounen effectivement respektéiert gi sinn, déi deemno e Contrôle ex post virhält, wéi en an der Belsch och existéiert.

De Contrôle ex ante war zäitweis virgesinn, an notament op Wunsch vun den Doktere selwer, der AMMD, ass e fale gelooss ginn. Ech muss awer och ënnersträichen, dass en Dokter, wann en d'Prozeduren, wéi se am Gesetz virgesi sinn, respektéiert, doudsëcher déi néideg Rechtssëcherheet huet.

D'Euthanasiegéigner behaupten, eeler a schwaach Matbiirger misste mat esou engem Gesetz ëm hiert Liewe fäerten. Esou Leit géifen ënner Drock gesat ginn, jo, si géifen zur Euthanasie gemobbt ginn. Ech muss soen, Här President, déi, déi esou eppes behaupten, hunn eng extrem pessimistesche Vue a gesinn am Mënsch virun allem dat Schlecht an dat Béist. Jiddweree muss do mat sengem eegene Gewëssen eens ginn. Ech deelen op alle Fall dës Meenung net. An och wa behaupt gëtt, dass verschidde Leit eventuell géifen op Euthanasie zréckgräifen, well se hiren Nächsten net wëilten zur-

Laascht falen, esou muss ech soen, dass et selbstverständlech all Mënsch säi fräie Choix ass, wéi e wëllt stierwen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

De fräie Wëlle vu jiddwerengem gëtt mat dësem Gesetzestext respektéiert. De fräie Wëllen, souwuel vun de Patienten, mä awer och dee vun den Dokteren. Et gëtt keen zur Euthanasie gezwongen, mä de Choix vun der Euthanasie gëtt heimadder méiglech. Mir hunn eng ganz Rëtsch vu Gesetzgebungen, déi engem eng Méiglechkeet ginn, déi e Choix zouloossen, ouni natierlech, dass dës Méiglechkeet verallgemengert gëtt. Ech denken do beispillsweis un den Avortement, awer och un d'Scheedung. Menges Wëssens ass d'Méiglechkeet vum Scheeden, vum Divorce do, si forcéiert awer kee Mënsch sech scheeden ze loossen.

Här President, d'Abusen oder de Risque vun Abusen ass de Moment ouni Zweifel méi grouss wéi dat wäert de Fall sinn, wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt. Ech wëll ofschléissend, Här President, awer och nach un déi Wieder erënneren, déi ech hei och schonn den 19. Februar gesot hunn: All Mënsch kënnt plus ou moins op déiselwecht Manéier op d'Welt. Dat ass awer net beim Verloosse vun dëser Welt de Fall. Déi eng hunn d'Chance, dass et schnell a schmäerzlos geet; anerer mussen e ganz laange Leidenswee untrieden. Loosse mer, wann ech gelift, och deene betraffene Leit d'Méiglechkeet, de Choix iwwerloossen, wéi si wëllen hirem Leiden en Enn setzen!

Här President, ech mengen, et wäert lech net iwwerraschen, dass ech dës Proposition de loi selbstverständlech wäert stëmmen. Ech wëll awer och ënnersträichen, dass a menger Fraktioun vun der Demokratescher Partei Liberté de vote fir jiddwereen ass.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Wagner. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Alex Bodry. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

» M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei der Debat hei an der Chamber vum 19. Februar iwwert d'Gesetzespropositioun vum Lydie Err a vum Jean Huss hat ech ugedeit, dass, wann deen Text sollt gestëmmt ginn, wat deemools nach net kloer war, Adaptatioune vun den Texter misste virgeholl ginn an dass de Mechanismus vun eisem zweete Vote constitutionnel och d'Méiglechkeet géif duerstellen, fir Froen, déi nach opbleiwen, a rasonnabelen Délaien ze léisen. Genau dat ass geschitt. Knapp zéng Méint méi spéit läit elo en iwwerschaffene Gesetzesvorschlag zur Stierfhëllef vir, deen zousätzlech juristesche Kloeerheet schaaft an eng propper praktesche Ëmsetzung vun deem Text wéi och vum Gesetz iwwert d'Stiefbegleedung méiglech mécht.

Ech wëll ausdrécklech deenen zwee Auteure vun der Proposition de loi félicitéiere fir hir Initiativ, hir Beharrlechkeet, déi se haten, fir och deenen Ufeindunge standzehalen, déi ëmmer méi staark, ëmmer méi virulent déi lescht Méint iwwer si hiergaange sinn.

Déi Navette, déi stattfonnt huet tëschent dem Statsrot an der Chamber, wat d'Ofännerungsvirschléi ugeet, an och déi Diskussioun, déi an der zoustänneger Chamberskommissioun ënnert der Leedung vum Lydia Mutsch stattfonnt hunn, hu Verbesserungen zum éischten Text bruecht.

Deen Text, deen elo virläit, huet u Kloeerheet, u Präzisioun gewonnen, ouni d'Quintessenz vun der Gesetzespropositioun a Fro ze stellen, déi Quintessenz, déi och majoritär hei vun der Chamber an engem éischte Vote guttgeheescht ginn ass.

Iwwregens - ech wëll dat hei betounen - kommen déi 30 Stëmmen, déi sech fir deen Text do zesumme fonnt hunn, aus sämtleche Parteien, déi an dëser Chamber vertrat sinn. Mir hunn et also bei dëser Gesetzesinitiative net mat engem Parteitext ze dinn, mä mat engem Text, deen esou ausgeglach ass, dass hien et fäerdeg bruecht huet, Stëmmen aus alle Reie vun dëser Chamber op sech ze vereenegen. Dat ass a bleift keng Selbstverständlechkeet.

Erféiert sinn ech iwwer verschidde Reaktiounen, déi de virgeluechtenen Text an deene leschte Méint zënter der éischter Ofstëmmung mat sech bruecht huet. Ech mengen, jiddwereen huet absolut d'Recht, géint d'Stiefhëllef ze sinn, an absolut d'Recht, géint eng deelweis Legaliséierung vun der Euthanasie ze sinn. Hien huet d'Recht op fräi Meenungsausserungen. Hien huet d'Recht, seng Argumenter öffentlech virzedroen, an hien huet souguer d'Recht, Afloss wëllen ze huelen op d'Chamber, wat hiren definitive Vote ubelaangt. Dat Recht huet jiddwereen.

Ech sinn allerdéngs der Meenung, dass dat Recht do kee Fräifaartschäin ass, fir egal wat ze soen oder ze schreiwen. Genau dat ass awer besonnesch an deene leschte Wochen a besonnesch wat Awierkunge vu baussen, ausserhalb Lëtzebuerg ugeet a verstärktem Mooss geschitt.

Ech froe mech, wéi vill vun deenen aviséierte Kommentatoren da wierklech den Text gelies hunn a wéi vill, wa se en dann iwerhaapt gelies hunn, den Text och verstannen hunn. Et ass fir mech onerdreiglech, dass besonnesch Interventione komm sinn aus reaktionäre Kreesser aus dem Ausland, déi probéiert hunn, Afloss ze huelen op Décisiounen hei an dësem Land.

Et ass fir mech onerdreiglech och, dass bestëmmte Kräften esou wäit gaange sinn, de kalkuléierte Risiko anzegoe vun enger Verfassungskris hei am Land, fir eng majoritär Décisioun vun dësem Parlament ze kippen. Déi dote Kreesser si bereet, all Präis ze bezuelen, fir hir Ideologie duerchzesetzen,...

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. Alex Bodry (LSAP). - ...och wa souguer de Grand-Duc an de ganze Stat kënne bái der Däiwele goe bei esou enger Operatioun.

(Interruption)

» Une voix. - Ganz richtig!

» M. Alex Bodry (LSAP). - Dat ass fir mech onerdreiglech. Et sinn net d'Beürworter vun enger Legaliséierung vun der Euthanasie, déi an deene leschte Wochen a Méint mat exzessiven Uerteeler opgefall sinn. Et sinn déi aner.

» Une voix. - Ouh?

» M. Alex Bodry (LSAP). - Jo! Wann ee probéiert, déi Leit, déi fir deen heiten Text gestëmmt hunn, an d'Noperschaft vum Naziregime ze féieren,...

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. Alex Bodry (LSAP). - ...dann ass dat eng absolut Beleidegung fir Leit wéi mech a meng Famill, déi genuch matgemaach hunn an deem dote Krich. Ech akzeptéieren esou Noperschaften net!

» Une voix. - Très bien!

» M. Alex Bodry (LSAP). - Et ass eng absolut Frechheet, wann esou Amalgamen duergestallt ginn,...

(Interruption)

...wéi wann déi Leit, déi eng propper, legal Léisung gären hätte fir d'Euthanasie, Leit wäeren, déi géint d'Mënsche wäeren, wéi wann dat Leit wäeren, déi Onmënsche wäeren.

Ech akzeptéieren esou en Amalgame einfach net, a genau dat ass geziilt gemaach ginn iwwert déi lescht Wochen a mat verstärkter Intensitéit déi lescht Deeg, ier et soll zu dëser Décisioun hei kommen.

Wann d'Monsignori vum Vatikanetz Appeller maachen un d'kathoulesche Wielerschaft hei zu Lëtzebuerg, da stellen ech mer Froen, a wat fir enger Zäit mer sinn?! A wat fir enger Zäit si mer, dass mer dat als Chamber akzeptéieren?! Ech akzeptéieren op jidde Fall dat doten net!

Et geet hei net ëm d'Onwüerd, mä et geet ëm d'Wüerd vum Mënsch. Déi hu mer alleguerten am Sënn, denken ech: déi Leit, déi mengen, et bräicht een näischt ze änneren, an déi Leit, déi mengen, dass d'Zäit komm wär, fir der Wourecht an d'A ze kucken, dass d'Zäit komm wär, fir wéinst der Mënschewüerd, besonnesch um Enn vum Liewen, wéinst der Wüerd vun doudkranke Mënschen, hinnen e gewëssene Choix ze loossen.

Ech sinn nach wie vor der Meenung, an ech stinn zu mengen Aussoen, déi ech bei der éischter Lecture hei gemaach hunn am Februar, dass fir déi meeschten onheelbar krank Leit eng gutt Palliativfleeg, eng Stiefbegleedung absolut de richtege Wee ass. An dat soll och a mengen Aen, an ech mengen, do schwätzen ech am Numm vun eiser Fraktioun, den absolute Regelfall bleiwen. Ech mengen entgéint aneren, dass deen heiten Text dat doten och eigentlech net a Fro stellt.

Fir aner Leit, an déi verdénge fir mech awer gradesou vill Respekt, géillt de fräie Wëllen, säi Liewessinn selwer ze bestëmmen. All Einzelne sollt een och dat Recht zougestoen, eventuell eng Palliativbetreieung ze verweigern - och dat ass e Mënscherecht - a seng lescht Wochen, säin Ausscheiden aus der Gemeinschaft esou ze gestalten, wéi hien dat fir richtig fënn.

Ech selwer weess net, wéi vill anerer mengen ech och, wann een an de Fall kënnt, wéi

ee selwer géif decidéieren, fir dat eent oder fir dat anert. Ech mengen awer, dass ee sollt jiddwerengem e Choix an där dote Fro loossen. Ech wär frou, wa mer géife mat enger Hypokrisie, mat enger Schänhellegkeet definitiv opräumen haut an dëser Debat, där Hypokrisie, déi doranner besteet, gleeuwen ze dinn no baussen, et wär nach ni zu Lëtzebuerg Stiefhëllef gelescht ginn, Euthanasie wär eppes, wat mam neie Gesetz géif agefouert ginn zu Lëtzebuerg. Dat ass falsch.

Dat ass falsch! Dat soen all d'Dokteren, mat deenen ee schwätzt. An allen Entrevuen, déi mir haten, souguer mat den offiziellen Vertrieeder vun der Dokterschaft, ass ganz kloer gesot ginn, dass déi Grenzen tëschent der Sédation palliative an der aktiver Euthanasie flou sinn, dass dat e fléissenden Iwwergang ass, dass dat eng Affär vun engem Dosage vu Medikamenter ass - e bësse méi, e bësse manner. E bësse manner, dann ass et dat eent, an e bësse méi, dann ass et Euthanasie. Dat ass d'Realitéit um Terrain!

A wa mer éierlech sinn, da gëtt et sécherlech och heibanne munchereen, dee bei senger Famill schonn esou eppes matgemaach huet a vläicht souguer esou eng Décisioun huet missen huelen zesumme mam Dokter. Dat ass d'Realitéit.

Ech géif mer wierklech wënschen, dass och déi Leit, déi géint dat Gesetz hei sinn, déi Realitéit awer zumindest géifen agestoen. Eng Realitéit, déi haut wéi ofleeft? An engem praktesche rechtsfräie Raum, ouni Kontroll, ouni Prozeduren, ouni Garantie - verstoppt!

Wann eppes verstoppt ass, da stéiert sech anscheinend keen drun, och d'kathoulesche Kierch net, déi och déi dote Realitéit muss kennen. Wann et verstoppt ass, da gëtt et akzeptéiert. Wann een déi dote Praxis wëllt an e proppere gesetzleche Kader setzen, mat alle Garantien, da gëtt sech doriwwer opgereegt, da gëtt et eppes Mënschenonwürdeges.

Ech wär frou, wa mer also an Zukunft net méi d'Aen, d'Oueren an de Mond géifen zouhalen, fir dass mer probéieren, deen dote Problem propper unzegoen an en uerdentleche legale Kader ze setze fir déi dote Praxis.

Ech sinn der Meenung, an déi Meenung deelt och déi grouss Majoritéit bei eis an der Fraktioun, dass déi heite Proposition de loi, wéi se elo virläit, deem Usproch, fir e proppere legale Kader ze setze fir dat Ganz, deen esou wäit wéi méiglech Mëssbräich ausschléisst, Genüge deet.

D'Euthanasie ass haut an der Praxis eng Ausnahmeerscheinung. Dat ass gutt esou. A mengen Ae soll dat och an Zukunft esou bleiwen. Mä wat den Ënnerscheed wäert sinn, dat ass, dass et rechtlech méi kloer gëtt, dass den Dokter an d'Personal rechtlech besser ofgeséchert sinn, wéi dat haut de Fall ass. Dat war jo eng Demande, déi ganz kloer och vun den Doktere geäussert ginn ass, och nach nom éischte Vote hei an der Chamber. An deen iwwerschafftenen Text dréit deem dote jo och zu engem gud-den Deel Rechnung.

Preziséiert gëtt och de Krees vun deene Betraffenen. Et ass elo kloergestallt, fir dass keng Ambigüitéit opkënn, dass zum Beispill Kanner, dass dement Leit net ënnert dat heite Gesetz falen, also net ënnert d'Bestëmmunge vun enger méiglecher Euthanasie falen. Et sinn och Clarificatioune komm, wat d'Bedéngungen ugeet.

Den Zentrum vun deem ganze Gesetz ass de fräie Wëlle vum Patient. Dësen Text beinhaltet net - ech betounen dat nach eng Kéier, well och déi falsch Informatioun no bausse gedroe ginn ass, och nach iwwer en Hierdebréif vum Erzbëschof -, beinhaltet kengeswee en aklobaart Recht op Bähhllef zum Selbstmord.

Et soll ee mer dee Passage hei am Text weisen, wou esou en aklobaart Recht dra verankert wär! Ech waarden an der Diskussioun dorop, fir dat ze héieren. Am Géigesaz, et gëtt kloergestallt, dass keen Dokter, keng Infirmière, kee Personal ka forcéiert ginn, matmaachen ze musse bei enger aktiver Stiefhëllef. An et ass och gutt esou, dass dat preziséiert gëtt.

Et ass net esou, dass guer keng Virkontroll do wär. Dat ass eng aner falsch Informatioun, déi ëmmer erëm no bausse véhiculéiert gëtt. Déi Kontroll ass do duerch de Fait, dass de Médecin traitant en zweeten Dokter muss mat bäizeien, deen de Patient gesäit, deen och schrëftlech seng Positioun festleet, an duerch de Fait, dass hei nach zousätzlech d'Méiglechkeet opgehoi ginn ass, fir och nach en Avis vun engem aneren Expert mat bäizezeien, wann den Dokter sech onsécher fillt, ob d'Konditioun vum Gesetz erfüllt sinn, ëmmer virausgesat, dass de Patient dat wëllt. Et ass jo kloer, et geet jo ëmmer ëm de fräie Wëllen, der Vo-

lonté éclairée eigentlech vum doudkranke Patient. Dat bréngt nach eng kéier zousätzlech Sécherheete mat sech.

Mä hei ass et wéi bei all Gesetz, et soll ee sech näischt virmaachen. En absolute Schutz géint Mëssbräich kann een net hunn. Och an deem heite Beräich net. An ech kann nëmmen dervir warnen, wa mer ëmmer just nach Gesetzer maachen an der Optik, dass mer déi absolut Ausnahmefäll och nach wëlle matregelen, dass mer an der Obsessioun si vu Mëssbräich bei all Text, dee mer hei maachen, da maache mer schlecht Texter, well perfekt ass oft de Géigendeel vu gutt.

Duerfir sinn ech der Meinung, dass hei optimal eigentlech probéiert ginn ass, ouni mat ze vill schwéiere Prozeduren ze schaffen, fir dat heite propper ze regelen.

D'CSV huet sech beweegt, dat stëmmt. Nom Vote, wéi d'Majoritéitsverhältnisser hei feststoungen iwwert de Vote an éischter Lecture am Februar.

Ech wëll awer och soen, dass déi zwee Hauptvirschléi, déi d'CSV gemaach huet, wat och hir zwee Haaptkritike sinn zu deem Projet, a wou se Amendementer och abruucht huet, dat ass u sech d'Definitiou eigentlech: Wéini kann iwwerhaapt d'Euthanasie spillen? Nämlech an hiren Ae just dann, wann all Pallativmedezin net méi gräift. Dat ass op en negativen Avis getraff vum Statsrot. Dat ass bis elo hei net erwähnt ginn.

De Statsrot huet jo zu sämtleche Virschléi vun der CSV-Fraktioun och Stellung bezunn. An de Statsrot war bei där doter Fro der Meinung, dass déi Proposition vun der CSV méi nei Froen eigentlech opwerft, wéi se Äntwerte gëtt an zu méi Rechtsónsécherheet géif féieren. Nozeliesen am schrëftlechen Avis vum Statsrot.

Déi zweet Fro, déi zweet Haaptkritik vun der CSV, wou se och en Amendement era-bruecht huet, betrëfft am Fong déi A-priori-Kontroll, déi sollt an d'Gesetz ageschriww ginn. Och do ass eng kloer Stellungsnahm vum Statsrot do. De Statsrot seet, d'Absicht ass zwar löblich, mä wat hei proposéiert gëtt, dat féiert zu esou enger Lourdeur administrative, dass een engem doudkranke Mënsch dat beim beschte Wëllen net kann zoomudden, an duerfir ass de Statsrot net d'accord gewiescht mat deem doten Amendement, deen d'CSV agereecht huet.

Iwwregens deckt dat sech och mat enger éischter Kritik zumindest, déi d'Dokteschvereenegung gemaach huet sengerzäit zu der éischter Versioun vun der Proposition de loi Err/Huss, wou se geschwat huet an deem doten Zesummenhang vu Bürokratiséierung vum Doud; déi Kommissioun gëfen zu enger Bürokratiséierung vum Doud hei zu Lëtzebuerg féieren.

Ech wollt dat eng kéier ervirhiewen, fir dass net den Androck entsteet, dass hei einfach stur vun enger Säit op all gutt Virschléi vun der CSV géif mat engem Niet reagéiert ginn. All déi Virschléi sinn diskutéiert ginn. Si si weidergereecht ginn un de Statsrot, an a kengem vun deene kruziale Punkte war de Statsrot d'accord mat deem, wat vun CSV-Säit zu där heiter Proposition de loi proposéiert ginn ass.

Och wann een e bësse kuckt awer, wéi d'Experienze sinn an der Belsch, an Holland, an der Schwäiz - an et gëtt och nach eenzel State wéi dem Oregon an Amerika, déi esou ähnlech Bestëmmungen hu wéi déi, déi mer elo haut hei diskutéieren -, kann ech net feststellen, dass déi prophezeit negativ Effeten an deene Länner do entstane sinn, déi hei oft vun de Kritiker un d'Wand gemoolt ginn. Dat ass net geschitt.

Duerfir mengen ech och, dass een hei eigentlech keng iwwerdriwwen Angscht muss hunn, dass sech elo fundamental géif eppes un eiselem ganze System änneren, wa mer dee legale Kader hei nei géifen definéieren.

Wichtig ass et natierlech, dass d'Informatioun vum Bierger korrekt gemaach gëtt iwwert déi nei Bestëmmung, souwuel wat d'Recht op d'palliativ Betreierung ugeet - dat ass e Recht, wat dem Bierger zougestane gëtt - wéi wat niewendrun och de Mechanismus ugeet vun der Stierfhëllef.

Ech sinn der Meinung, dass Lëtzebuerg kee Réckschrëtt mécht mat esou engem Text an déi däischer Zäit vun der Vergaangenheet. Ech sinn awer och der Meinung - dat wëll ech mat därselewechter Iwwerzeegung soen -, dass et an där Diskussioun hei net Schwaarz a Wäiss gëtt, dass et an der Diskussioun net déi Gutt op där enger Säit an déi Béis op där anerer Säit gëtt, egal wéi d'Perspektiv ass, wéi een dat kuckt a wéi et heiansdo jee no wat fir engem Wénkel och duergestallt gëtt.

Et sinn net op där enger Säit d'Liewensgéigner an d'Liewensretter, an et sinn op

där anerer Säit och net d'Fräiheetsgéigner an d'Fräiheetsretter. Dat ass jo alles vill méi nuancéiert. An de Vote an der Chamber dréckt jo eigentlech och all déi Nuancen do aus, déi een och perséinlech kann hunn zu deenen dote Froen.

Ech géif awer mengen, dass, wann een de Bilan zitt, dat heiten awer eng Gesetzesinitiative ass, déi net géint de Mënsch geriicht ass, mä déi fir de Mënsch geriicht ass, am Respekt vu sengem fräie Wëllen, an ech mengen, dass mer deem Gesetz hei sollten eng Chance ginn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Hår Bodry. De leschte Riedner fir haut de Moien ass den honorabelen Hår Huss.

» **M. Jean Huss** (*DÉI GRÉNG*), *corapporteur/co-auteur*. - Hår President, Dir Dammen an Dir Hären, als Corapporteur vun dëser Proposition de loi iwwert d'Dépenaliséierung vun der Stierfhëllef wäert ech natierlech net nach eng kéier all dat widderhuelen, wat meng Kolleeigin Lydie Err hei schonn erkläert huet.

Zum Éischten, well déi meeschten Aspekter an Dispositiounen aus eiser Gesetzespropos an deene vergaangenen Deeg a Wochen, ech géif souguer soe Méint wierklech lagement duergestallt a kommentéiert gi sinn an och bekannt sinn. Just eisen Erzbischof vu Lëtzebuerg a seng Beroder schéngen bei der Lecture heiansdo nach Schwierigkeeten ze hunn, wat een de leschte Samschdeg an deem leschten „Hiertebrëif“ gesinn huet.

Zum Zweeten ass et jo och esou, dass mer am Virfeld vum positive Vote vum 19. Februar praktesch schonn alles genau erkläert haten an d'Madame Err an hirem Rapport virdu schonns op déi puer Amendementer an op déi Saachen agaangen ass, déi deen elo virleiede Projet vun deem vum 19. Februar ënnerscheeden.

Eng Rei vun eenzelnen Dispositiounen a kleng Detailer hu geännert, mä d'Hauptpunkten an déi philosophesch Essenz vun eiser Propos bleiwe bestoen. Duerfir wëilt ech hei virun allem nach eng kéier op d'Philosophie an op déi gesellschaftspolitesch a politesch Debatt ronderëm dëst Stierfhëllefgesetz, d'Gesetz iwwert d'Dépenaliséierung vun der Euthanasie a vum medezinesch assistéierte Suicide, wéi et heescht, agoen.

Ech hat virdu beim Gesetz iwwert d'Soins palliatifs scho gesot, dass fir eis Gréng d'Soins palliatifs an d'aktiv Stierfhëllef complémenteaire sinn, dat heescht absolut matenee vereinbar sinn. An dat ass och esou.

Zur Erklärung vun de Begrëffer a vun deenen zwou deelweis ënnerschiedlechen Approchen nach eng leschte kéier e puer Klosterstellungen:

Éischstens, de Begrëff „soins palliatifs“ begräift u sech folgend Aspekter: palliativ Schmärzbeekämpfung, integréiert Soinen a Stierfbegleedung, a finalement an net wéinege Fäll um Schluss vum Liewen, wann d'Péng ze grouss gëtt, d'Applikatioun vu Morphinum oder anere Schmärz- a Betäubungsmittelen an ëmmer méi héijen Doséierungen, esou dass - mä ech soen dat - als bewossten an als bekannten Niewewierkung den Doud dann éischter antrëtt oder op jidde Fall kann antrieden.

Zweetens, de Begrëff vun der aktiver Stierfhëllef, an der griichescher Sprooch „Euthanasie“, sënngemeiss ze iwwersetze mat sanftem, doucem Doud. Dëse Begrëff Euthanasie a wat domadder gemengt ass, ass leider an Däitschland vun den Nazien total mëssbraucht ginn, well déi barbaresch Massevernichtungen, duerggefouert vun den deemolegen SS an de KZer, sécher net dat Geréngste mam heitege Begrëff Euthanasie ze dinn hunn. Et sief drëm. Et geet hei nach eng kéier ëm d'Klärung vun de Begrëffer.

Wat also ënnerscheet déi aktiv Stierfhëllef vun der Palliativmedezin? Mä wat ass hinnen ëmgekeiert gemeinsam?

Wat deenen zwou Approchen am Intérêt vun doudkranken, stierwenden oder verzweifelt an hirem Kierper ageschlossene Patienten, Typ Vincent Humbert, gemeinsam ass, si folgend Punkten:

Éischstens, souwuel de Palliativpatient wéi de Stierfhëllefpatient hunn Urecht op Schmärzbeekämpfung. All d'Patienten, och déi, déi net op Palliativstationen sinn, müssen en Urecht op eng méiglechst effikass Schmärzbeekämpfung hunn.

Zweetens, d'Soinen, d'Fleeg an eng human Stierfbegleedung, soll dat ieren e Privileg si just vu Patienten op Palliativstationen? Kloer: neen! Och Patienten, déi herno bei

kloerem Bewosstsi léiwer op aktiv Stierfhëllef, statt op palliativ terminal Sedéierung zrëckgräife wëllen, musse virdrun, wa se dat wënschen, op eng perséinlech oder professionell Stierfbegleedung kënnen zrëckgräifen. Déi eng Leit wënsche sech vläicht esou en Accompagnement, anerer awer wëllen an där Situatioun vläicht léiwer eleng an a Rou gelooss ginn.

Drëttens, wa bis zu deem Punkt alles, vun de Rechter vum Patient aus gekuckt, d'selwecht ass a wa laut internationale Konventionen a laut eiselem Spidolsgesetz an den Artikelen 38 a 40 et esou ass, dass de Patient, an nëmmen hien eleng, d'Recht huet, fir all diagnostesch an all therapeutesch Mesuren ze akzeptéieren oder awer och kënnen ze refuséieren, och palliativ therapeutesch Mesuren, wat bleift dann nach als Ënnerscheed iwwreg tëschent der palliativer terminaler Sedéierung an der aktiver Stierfhëllef?

Et sinn zwou Saachen: éischstens, de reng medezineschen Aspekt vum Geste a vum Choix a vun der Doséierung vun de Medikamenter engersäits bei der Sédation terminale an anerersäits bei der aktiver Stierfhëllef, an zweetens de sougenannten ethe-schen Aspekt bei deem Geste, mä dat a béide Fäll.

Dozou dat Néidegst just ganz kuerz. Bei der palliativer Sédation terminale ginn, wann d'Péng ëmmer méi onerdréiglech gëtt, ëmmer méi staark Schmärz- a Betäubungsmittelen agesat, an et ass dem Medeziner oder dem Fleegepersonal, wat dat mécht, absolut kloer, dass jee no Doséierung a jee no Schwächezoustand vun deem eenzelnen Doudkranken den Doud als Niewewierkung méi fréi wéi normal, méi fréi wéi natierlech wäert antrieden.

De Prozess vun der palliativer terminaler Sedéierung ka sech iwwer e puer Stonnen erstrecken. Et kann awer och e puer Deeg oder an Extremfäll souguer e puer Wochen daueren. Fir en Deel vun de Leit - reliéis orientéiert Leit, mä net nëmmen! - kann dëse Wee vun der palliativer Sedéierung eng sënnavoll an déi fir si beschte Léisung sinn.

Mir liewen awer an enger demokratescher a pluralistescher Gesellschaft, an da muss een eben zur Kenntnis huelen, wat d'CSV anscheinend net wëllt maachen, dass et och net wéineg Leit gëtt, déi dëse Wee, dat deeglaangt Doleien an dem Doud Entgéintkucken, fir sech selwer als net méi sënnavoll ugesinn. Dës Leit wëllen eben d'Fräiheet hunn, an esou Situatiounen direkt méi schnell ee fir si sënnavoll Liewen oder Dohi-vegetéieren hanner sech ze loossen.

D'Palliativmedezin erlaabt dat net. Eist Stierfhëllefgesetz, dat liicht verännert Gesetz vum 19. Februar, erlaabt dëst, awer ënner strenge Konditiounen a Kontrollméiglechkeeten vun dësem virleiede Gesetz. Konditiounen, déi vu menger Kolleeigin Lydie Err hei a vu mir selwer och schonn an der Kommissioun, mä och a ville Stellungnahmen oder Pressekonferenzen zéng-, 20-, 30-mol an all Detail duergeluecht gi sinn.

D'Géigner vun eiselem Stierfhëllefgesetz, déi vu sech soen, si géife fir den absolute Schutz vun mënschleche Liewen antrieden, an et gëtt sécherlech vill Eierlecher ënnert hinnen, soen also: Och wann de Patient kloer duerno freet oder souguer dorëm biddelt, net méi gezwongen ze sinn, esou aus-sichtslos weiderliewen ze müssen, dann dierf trotzdem keen Dokter sengem Wonsch noginn, a wann hien dann awer Stierfhëllef géif leeschten, da géif hien de Patient doutmaachen.

Dëse méi oder weiniger eierleche Leit wëlt ech déi folgend Géigefroe stellen - an dat bezitt sech dann och op eng Partie Leit an der CSV -:

Éischstens, sidd Der wierklech dovunner iwwerzeegt, dass nëmmen en Dokter, dee Sédation terminale mat méi fréiem Doud als Niewewierkung bedreift, sech op gutt Intentionen ka beruffen, an dass ëmgekeiert en Dokter, deen op ausdréckleche Wonsch vu sengem leidende Patient Stierfhëllef praktizéiert, automatesch keng gutt oder nëmme schlecht Intentionen kann hunn, nämlech een ëm den Eck ze bréngen?

Kënnst Der lech wierklech net virstellen, dass en Dokter, dee sengem verzweifelte Patient hëllef, dat just aus engem absolut positive Matgefill, eventuell aus chrëschtlecher Nächsteléift kéint maachen? Déi meeschte Leit hei am Land gesinn an emfannen esou en human denkenden Dokter éischter als e positive Partner vum Kranken, wéi als e Mäerder, deen hie mat Sécherheet net ass.

Eng zweet Fro un eierleche Liewensschützer, déi dëst Gesetz wëlle verhënnern, ass déi, ob hinne bewosst ass, dass duerch dëst Gesetz kee Mënsch, kee Kranken, keen Dokter, kee Fleegepersonal gezwonge wäert

ginn, un iergendenger aktiver Stierfhëllef géint hire Wëllen deelzehuelen. Just de fräien, bewosst a répétéiert geäusserte Wëlle vum Betreffene selwer, deen en Dokter duerno freet, fällt dobäi an d'Wo.

Mir froen, wéisou verzweifelte Mënschen dës Méiglechkeet, hiren eegene Virstellungen no stierwen ze dierfen, net erlaabt soll sinn. Dat ëmsou méi, wou d'Zoustëmmung zu dësem Prinzip vun esou enger eegener selbststänneger a bewosster Demande hei am Land wéi am Ausland vun iwwer 70% vun der Bevölkerung gedeckt gëtt. Wéisou soll een Deel vu Liewensschützer der grousser Majoritéit vun der Bevölkerung hir minoritär reliéis oder philosophesch Iwwerzeegungen opzwéngen kënnen?

Drëttens, et gëtt da vu munchen esou Leit gär argumentéiert, et géif sech awer sou-wisou nëmmen ëm e puer ganz seelen Extremfäll handelen, fir déi iwwerhaapt Stierfhëllef a Fro kéim. Duerfir bräicht een dach eigentlech kee Gesetz ze maachen. Eis Äntwert dorobber ass ganz kloer: dach! Souguer wann et pro Joer just zéng, 20 oder 30 dramatesch Eenzelfäll wieren, a souguer wann et nëmmen een eenzelne Fall wier, well jiddwer Eenzelne vun eis a vun de Leit dohausse kann an esou en Eenzelfall era-kommen, da wier et awer wichteg, dass och fir déi Fäll eng gesetzlech Regelung géif kommen.

Dovunner emol ofgesinn, Dir Dammen an Dir Hären, dass ech leider fäerten, an dat gesinn déi neitste Prognosé vun der Weltgesundheitsorganisatioun, dass mat der allgemenger Zounahm vun Tumeuren, mat Cancer-généraliséen a mat der Zounahm vu schwéiersten neurologesch an neurodegenerativen Erkrankungen wéi MS, Parkinson oder och Amyotrophe Lateralsklerose och dramatesch sougenannten Eenzelfäll an Zukunft awer wäerte riskéieren eng kleng Iddi méi zouzehuelen. Dat sinn Zuele vun der Weltgesundheitsorganisatioun.

Hår President, Dir Dammen an Dir Hären, da gëtt eis bekanntlech entgéintgehalen, duerch eist Gesetz géif et zu massiven Abusé kommen. Dat heescht, Kranker këinten eventuell géint hire Wëllen euthanaséiert ginn. D'Madame Err an ech versiche jo grad de Géigendeel ze maachen, nämlech déi bestehend Euthanasien aus der Clandestinitéit erauszehuelen an der Stierfhëllef en transparenten a streng reglementéierte Kader ze ginn.

Abusé kënnen nämlech grad do passéieren, an net nëmmen am Fall vu Stierfhëllef - net nëmmen am Fall vu Stierfhëllef! -, mä besonnesch a Länner, wou d'Euthanasie komplett verbuede bleift. Well an all deene Länner, wou kee Gesetz, keng Kontroll a keng Transparenz besteet, grad do kënn et zu villen heemlechen Euthanasien, wou dann och eventuell déi esou vill beméite berühmte Boma mat hirer berühmter lerschaft kéint ongefrot ëm den Eck bruecht ginn.

Mä wann een dat wëllt maache mat der Boma a mat der lerschaft, dofir brauch een, Dir Dammen an Dir Hären, iwwregens guer net déi Medikamenter, Pentobarbital beispillsweis oder Pancuronium, déi bei der aktiver Stierfhëllef normalerweis gebraucht ginn. Dat geet evidenterweis och mat Iwwerdose vu Morphinum. An dat geet och mat anere Medikamenter, déi vill méi héich doséiert ginn. Dofir brauch ee keng aktiv Stierfhëllef. Wann et Leit gëtt, déi esou eppes wëlle maachen, dat kann och aneschtens gemaach ginn. Och domadder wieren also Abusé méiglech; och mat anere Medikamenter an och mat Morphinum.

Zu méiglechen Abusé bei heemlechen Euthanasie sief just nach eng Zuel genannt. Den Zeien, deen ech hei zitieren, ass absolut - och fir d'CSV - onverdächtig, well et ass den Hauptgéigner vun der aktiver Stierfhëllef a Frankräich. Nämlech den Dokter an Hår Deputierte Jean Leonetti, deen dat franséischt Gesetz gemaach huet.

Ech zitieren den Originaltext vum Hår Jean Leonetti - ech hunn dat Zitat hei, ech kann et jiddwerengem weisen - iwwert d'Situatioun a Frankräich: «On peut affirmer sans risque de se tromper que l'euthanasie se pratique malgré l'interdit, le plus souvent sans transparence et sans l'avis du patient ou de l'entourage.» D'Chiffere vun heemlechen Euthanasien a Frankräich mat méigle-

chen Abusen derbäi - vläicht wollte jo och en Deel vun deene Leit dat, mä vläicht sinn awer en Deel géint hire Wëllen euthanaséiert ginn - gi vum President vum Comité d'éthique a Frankräich, deen och nach fir d'Santé an d'Spideeler zoustänneg ass, op all Joer 10.000 Fäll geschätzt. 10.000 Fäll vun heemlechen Euthanasien an der Clan-destinitéit hannert de Kulissen!

Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen d'Fro, ob esou eng Situatioun net vill méi brisant an onverantwortlech ass, wéi reng hypothesesch Abusen, déi et kéint eventuell bei der Stierfhëllef ginn, obschonn déi Stierfhëllef an eisem Gesetz absolut streng kontrolléiert ass. Dorobber wäert ech nach zrëckkommen.

D'Madame Err an ech an all déi Deputéiert, déi eise Projet ënnerstëtzen, si jiddefalls der Meenung, datt et besser a méi seriö ass, d'Stiefsituatioun ze reglementéieren a se méi transparent ze maachen, wéi et an enger ongesonder Situatioun vun hypokritescher Clandestinitéit ze beloossen.

An engem Land wéi der Belsch, eis direkt Noperen - bei deenen iwwregens d'Palliativmedezin vill méi wäit entwéckelt ass wéi a Frankräich oder an Däitschland -, gëtt et 2,3 Palliativbetter op 100.000 Awunner. A Frankräich, wou d'Euthanasie verbueden ass, gëtt et just 1,2 Palliativbetter. An an Däitschland ass déiselwecht niddreg Zuel. Den Dokter Hoppe, de President do vun der Hospizbewegung a vun der Bundesärztekammer, huet gesot, an Däitschland wär et emol net all zénfte Patient, deen Urecht hätt op e Palliativbett oder op eng Palliativversorgung.

An der Belsch, wat dann ëmmer accuséiert gëtt, hu se wéinst der Euthanasie eng wäitgehend dévloppéiert Palliativkultur zënter iwwer 15 Joer a si hunn dräimol esou vill Palliativbetter wéi dat a Frankräich de Fall ass. Si hunn domadder natierlech och eng vill méi kontrolléiert a vill méi transparent Situatioun, wéi et an deenen anere Länner de Fall ass.

Der Belsch hir Commission fédérale de contrôle et d'évaluation de l'euthanasie, déi wéi an eisem hei virleiende Gesetz och ex post all eenzel Fäll vu Stierfäll zënter dem Joer 2000 ënnersicht a kontrolléiert, an där och Euthanasiegéigner drasëtzen, konnt vun 2002 bis 2006 keng Situatioun vun Abusë feststellen. Keng eenzeg Situatioun vun engem Abus op an der Moyenne 300 bis 350 Fäll pro Joer vun Euthanasien, déi praktizéiert gi sinn.

Ech hunn den Dossier vun där Commission de contrôle vun de Joren 2005 an 2006 hei leien; wien dat interesséiert. Do ass all eenzelne Fall vun Euthanasie am Detail dokumentéiert: wat fir eng Krankheet datt et war; wat d'Liewenserwaardung nach war; wie gefrot ginn ass; wat fir eng Palliativmedeziner gefrot gi sinn. An eréischt no all deene Saachen ass d'Euthanasie herno praktizéiert ginn.

Déi Commission de contrôle - an dat ass e wichtege Ënnerscheed - ass eben net do, fir virdrun e Filter ze sinn, wou jiddwer Patient mat sengem Dokter fir d'éischt nach muss e Collège vu véier Dokteren ufroen, datt déi wann ech gelift sollen eng kéier zesumme kommen, a wa se dann zesumme sinn, dee Fall am Detail ënnersichen - da misste se de Patient och nach ënnersichen; wat jo absolut net praktikabel ass -, an déi dann herno missten en Uerteel ofginn. Dat ass jo praktesch eppes wéi en Tribunal.

Dat ass an der Belsch net esou, well d'Fonctioun vun der Commission de contrôle et d'évaluation eng ganz aner ass. Et sinn eng ganz Partie vu Kontrolle virdrun agebaut, op déi ech wäert zrëckkommen, déi och schonn hei geschildert gi sinn. D'Commission ex post ass just déi leschten - awer just déi leschten! - Kontroll vun enger ganzer Rëtsch vu Kontrollen, déi et scho laang virdu gi sinn.

Wann dann nach geschwat gëtt vu Kontrollen, well déi ex post sinn, an da gëtt de Geck gemaach, da kéint et jo awer vläicht Abusë ginn. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, an all deenen anere Länner, wou et keen esou e Gesetz gëtt, wivill Kontrolle gëtt et dann do?

Den Hollänner gëtt beispillsweis virgeworf: Jo, bei lech sinn am Moment ronn 1,8% op all Stierwenden Euthanasiefäll. Dat gëtt ge-

sot; dat ass och esou. Mä wivill onkontrolléiert Abusë vun heemlechen Euthanasie gëtt et awer nach, déi net vun där offizieller Kommissioun kontrolléiert ginn?

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, wivill Euthanasiefäll, déi heemlech sinn - den Här Bodry huet dovunner geschwat - hei am Land, ginn dann hei kontrolléiert? Wivill heemlech Euthanasiefäll ginn a Frankräich kontrolléiert? Wivill Euthanasiefäll an Däitschland gi kontrolléiert? Ech soen lech, wivill der kontrolléiert ginn: null Prozent! Null Prozent gëtt kontrolléiert. Et gëtt iwwerhaapt keng Kontroll. D'Abusë geschéien hannert de Kulissen; an net nëmmen an der Stierfhëllef, mä och mat Morphium a mat anere Medikamenten. Dat ass d'Realitéit, wéi se sech duerstellt.

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt vun Euthanasiegéigner, an zum Deel vun der CSV, och nach gär behaupt, esou Meenungsëmfroe wéi déi eendeiteg Resultater en faveur vun enger Dépenaliséierung vun der aktiver Stierfhëllef an zwee grouse Sondagen hei am Land - d'Madame Stein ass och nach drop agaangen - wieren net seriö. Doriwwer ass sécherlech ze diskutéieren, obschonn awer den Trend vun deenen Ëmfroen absolut kloer ass.

Mä ze behaupten, wéi dat vun den Euthanasiegéigner an zum Deel vun den CSV-Leit gesot gëtt, et kéint iwwerhaapt kee Mënsch esou kloer am Kapp an och esou fräi sinn, fir selwer Stierfhëllef unzefroen, dat wier iwwerhaapt net méiglech, dee wier automatesch manipuléiert, dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass allerdéngs a mengen Aen e staarkt Stéck! Do iwwerloossen ech léiwer de Leit, déi eis dobaussen nolauschteren, ze jugéieren, well déi meescht kenne jo esou Situatiounen, déi se an hire Famillen haten. Ech invitéieren d'Leit ze jugéieren, wat vun esou enger Arroganz ze halen ass, de Leit ze soen: Dir sidd iwwerhaapt net fräi. Dir kënnt iwwerhaapt net fräi sinn, fir no enger aktiver Euthanasie ze striewen.

Ech selwer a mir alleguerte kennen op jidde Fall genuch Leit, déi wahrscheinlech léiwer e méi schnellt a méi direkt Stierwe wënschen, oprecht an an Dignitéit, an déi eben net eng länger Agonie an engem Coma artificiel oder e sënnoost Dohivegetéieren iwwer Méint, iwwer Joren an nach méi wëllen akzeptéieren.

En typescht Beispill, wat och vun der Madame Stein hei ugeschwat ginn ass, ass jo de Vincent Humbert. Mä wann Der d'Situatioun vun Vincent Humbert kennt, da musst Der jo wëssen, dee Jong war mat 21 Joer no engem schwéieren Accident komplett querschnëttgelähmt. Hie war hallef blann oder souguer ganz blann. Hie louch do zwee an en halleft Joer, vu senger Famill a vum Personal zu Berck, wou et war, ganz gutt ëmsuert.

Et ass net esou, datt deen do einfach einsam dolouch an et huet kee sech ëm hie bekëmmert. Neen, dee war ëmsuert, an net nëmme seng Mamm, seng Famill, mä och d'Fleegepersonal hu sech immens ëm de Jong gekëmmert. Datselwecht beim spuenesche Beispill, dat berühmte Beispill, wat och am Film gewise ginn ass, d'Beispill Sampedro, deen an enger ähnelecher Situatioun war. 19 Joer laang souz deem seng Famill ëm säi Bett, bis de Mann gesot huet, et geet net méi, ech kann net méi, ech wëll net méi. Wann ech gelift, schalt of, maacht Schluss!

An dat ass beim Vincent Humbert genau d'selwecht gewiescht. Et ass net, datt dee Jong einfach esou fale gelooss ginn ass, an dofir wier hien an enger verzweifelter Situatioun gewiescht. Et ass iwwerhaapt net esou. Dee Mann, dee Jong war immens encadréiert. An trotzdeem wollt hien no dräi Joer net méi.

An ech muss soen, wann ech perséinlech an esou enger Situatioun wier, dräi Joer laang dozeleien, querschnëttgelähmt ze sinn, hallef blann oder ganz blann ze sinn, an nach just kënnen dozeleien an ze wëssen, theoretesch kanns du nach zéng, 20, 30, 40 Joer esou doleien -, mengt Dir dann net, frot lech dat selwer, da kéint Dir selwer och op eng kéier an eng Situatioun kommen, déi eng vläicht no sechs Méint, déi aner vläicht no fënnef Joer, ze soen: Wann ech gelift, hëllef mer, ech wëll goen, ech wëll dat do net méi, esou e Liewen!

Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV hat nom Vote vum 19. Februar, bei deem se net gewonnen hat, erkläre gelooss, si wären an der Bevölkerung just falsch verstane ginn. Um Radio ass dat zwee, dräi Deeg duerno ze héiere gewiescht. Si wären eigentlech schonn ëmmer fir d'Euthanasie gewiescht, mä awer just an exzeptionellen Eenzelfäll - et war jo ëmgekéiert -, wou mat esou enger Ausso jo da suggéiert gëtt, d'Gesetz vum 19. Februar, d'Gesetz vun der Madame Err a vu mir, dat géif de Wee opmaache fir Maseneuthanasien.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuurger Journal, Zeitung vum Lëtzebuurger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Eist Gesetz setzt awer ganz kloer ganz streng Konditiounen a Kontrollen, déi den Accès zu enger Stierfhëllef fir de Betraffenen alles, mä net liicht maachen. A gleeft mer, ech si scho vu ville Leit ugeschwat ginn, aus menger Association pour le droit de mourir en dignité, déi mer soen: „Firwat hutt Dir esou e rigid, strengt Gesetz gemaach? Firwat muss et déi dote Kontrollen iwwerhaapt esou streng ginn?“

Tatsaach ass, datt d'CSV nach 2003 an 2004 déclaréiert hat, mat hir géif et ni Euthanasie ginn. Här President, ech huelen lech hei als Zeie fir déi Ausso, well et waart Dir selwer, wéi Dir hei als Fraktiounsspriecher vun der CSV deemools esou eng Ausso gemaach hutt.

Dir Dammen an Dir Hären, maache mer eis näischt vir! D'CSV bleift kloer, esou wéi den Erzbëschof, wéi d'„Lëtzebuurger Wort“ a wéi de Vatikan, géint jiddwer Form vun aktiver Stierfhëllef, just d'CSV huet misse feststellen an a Rechnung stellen nom 19. Februar, datt hei an der Chamber eng Majoritéit en faveur vun der Dépenaliséierung war. A si huet aus Grënn, fir méi e fortschrëttlechen, chrëschtlechen a modernisteschen Image kënnen ze behalen, a fir esou den Elektorat och net ze vill géint de Kapp ze stoussen, du scheinbar sougenannte Kompromëssamendementer formuléiert.

(Interruptions diverses)

Si huet dunn no deem Vote sougenannte Kompromëssamendementer gemaach; et ass esou genannt ginn, Kompromëssamendementer. Kompromëssamendementer, déi an eisen Aen awer haaptsächlech Manövere sinn, ganz duerchsichteg Manövere sinn, fir d'Stierfhëllefgesetz iwwer hir Amendementer, vu bannen eraus, esou ze beschneiden, esou auszehielechen an esou ofzeschwächen, datt finalement nach just den Titel vum Gesetz an e schwaache Kader géif iwwreg bleiwen.

An der Santéskommissioun sinn déi wesentlech CSV-Amendementer net nëmme vum Statsrot, wéi den Här Bodry dat virdu gesot huet, mä natierlech och vun der Majoritéit an der Santéskommissioun ofgelehnt ginn, well se d'Rechter, den Accès vum Patient op Stierfhëllef oder op Suicide assisté esou wäit géifen aschränken, datt een dat Gesetz iwwerhaapt net méi géif erëmerkennen.

Datt ech an dësem Zesummenhang näischt erfannen, dat ass net einfach eng Behauptung! Dat geet zum Beispill däitlech aus engem Artikel am „Lëtzebuurger Wort“ - ee Moment, ech kann lech dat weisen - vum Här François Biltgen, Nationalpresident vun der CSV, vum 10. Dezember ervir. Dat ass nach guer net laang hier. Wat seet den Här Biltgen? Ech zitëiere säi Punkt sechs, wat den Här Biltgen seet. Den Här Biltgen seet: „Wir werden bis zum Schluss kämpfen.“ Dat ass d'Äntwert un déi 53 EVP-Deputéierten, déi jo d'CSV attackéiert haten, een, zwee Deeg virdrun. „Wir werden kämpfen bis zum Schluss, um die aktuelle Euthanasievorlage,...“ - et ass schued, datt den Här Biltgen elo net hei ass - „...die ein menschenunwürdiges Gesetz ist, zu verhindern oder zumindest abzuändern.“ Dat war also d'Äntwert, wéi gesot, un déi 53 EVP-Deputéierten.

Den Här Biltgen hätt vläicht eierlechkeetshallwer misse soen, datt d'CSV-Amendementer iwwert den „Palliativfilter“, dee jo virdu schonn ugeschwat ginn ass, oder iwwert deen Dokteschkollegium, dee vun der Madame Stein hei ugeschwat ginn ass, dee virdrun all Fäll vu méiglecher Euthanasie fir d'éischt misst iwwerpräiwen a jugéieren, a Wierklechkeet dorop erauslafen, fir an e scho strengt Gesetz nach weider Bremsen

an nach weider Barrièren zu Ongonschte vu stierweskranken, verzweifelte Patienten anzubauen.

Schonn am Joer 2002 hat sech, a kloere Wierder, d'Association des médecins et médecins dentistes géint esou eng bürokratesch Ex-ante-Kommissioun agesat. Eng Ex-ante-Kommissioun - och vum Conseil d'État jo ofgelehnt -, déi komplett weltfriem wier. D'Praxis an der Belsch niwendru fonctionnéiert noweisbar ganz gutt, an et ass duerfir kloer, datt mer net op esou Manövere vun der CSV wëllen erafalen.

Aus dëse Grënn ass et kloer, datt ech als Corapporteur, mä och d'Madame Err, dës CSV-Amendementer an der Kommissioun ofgelehnt hunn, a mir ruffen och de Plenum dozou op, se ze refuséieren. Ech kommen herno nach eng kéier op d'Haltung vun den Dokteren zrëck.

Ier ech op den CSV-President, den Här Biltgen, um Schluss nach eng kéier zrëckkommen, sief awer nach d'Haapt-CSV-Positioun an hiren Amendementer vis-à-vis kloer gestallt. Zum Beispill wat de sougenannten „filtre palliatif“ betrëfft, dat heescht der CSV hir Fuerderung, datt all verzweifelte Patient misst obligatoresch fir d'éischt duerch d'palliativ Sedéierung an duerch dee ganzen Apparat goen, ier en därer no aktiver Stierfhëllef froen.

Dir Dammen an Dir Hären, selbstverständlech verlaangt zu Recht jiddwer Schwéierkranken, wann dann d'Péng ganz staark a konstant ass, no adequate Schmäerzmëttelen. Dat ass elementar. Dofir brauch ee keen CSV-Palliativfilter. Mä op där anerer Säit ass et awer och gradesou kloer, datt kee Patient kann zu enger palliativer Sedéierung gezwonge ginn, wann hien dat net wëllt.

Oder, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV-Fraktioun, sidd Dir der Meenung, datt ee krank Mënsche misst zu Palliativmedezin an zu palliativer Sedéierung zwénge? Da sot et hei kloer! Da wäert Der allerdéngs am krasse Widdersproch zu eisem Spidolsgesetz vun 1998, dat a sengen Artikelen 38 a 40 iwwert d'Droits des patients däitlech festleet, datt e Patient net kann zu engem Acte diagnostique oder thérapeutique gezwonge ginn, wat iwwregens och a villen internationale Konventiounen esou festgeluecht ass.

E Patient, deen iwwer säin Zoustand a seng Aussichten éclairéiert ass, dee muss scho seng Zoustëmmung zu Traitementer ginn, an dat ass gutt an dat ass richtig esou.

Wat elo déi berüchtegt Commission d'évaluation et de contrôle ex post an eisem Gesetz ubelaangt, esou fuerderen d'Euthanasiegéigner an och d'CSV, dat misst eng Ex-ante-Kommissioun sinn, déi am Virfeld bei der CSV duerch e Kollegium vu véier Fachdoktere misst iwwert d'Acceptabilitéit vun all Stierfhëllefdeemande jugéieren. De verzweifelte Patient a säin Dokter missten also op d'Uerteel vun esou enger Zort Tribunal waarden. Si wieren total dem „goodwill“ oder der Selbstherlechteet vun esou enger Kommissioun ausgesat. Heiansdo wier de Patient wahrscheinlech scho laang dout, ier déi Kommissioun a Majoritéit zesummefonnt hätt.

Ech wëilt hei nach eng kéier un den Avis vun den Dokteren erënneren, deen ech lech dofir nach eng kéier zitëieren, wat déi gesot hunn, well et esou schéin ass a well et esou konkret ass: „C'est ici que nous voyons les plus grands problèmes et ceci d'autant plus que les modalités pratiques préconisées sont à des milliers de kilomètres d'une approche réalisable sur le terrain. À certains de nos membres...“, also vun hiren Dokteschmëmbere, „...ces dispositions donnent même carrément froid au dos

quant à leur aspect bureaucratique et envahissant.» A weider: «Nous refusons totalement une approche lente, lourde et administrative.» A schliesslech: «Dans la plupart des cas, les patients ne peuvent pas attendre des jours ou des semaines alors qu'une souffrance est en place.» An esou virun.

Dat si kloer Wieder. Also de Statsrot lehnt déi Ex-ante-Kommissioun of, an d'Associatioun vun den Dokteren huet se an hirem Avis zum Projet och ofgelehnt. Esou wäit, Dir Dammen an Dir Hären, firwat mir eng Ex-ante-Kommissioun oflehnen.

Derniewent kënnt nach, an dat hunn ech jo scho gesot, datt déi éischt Fonctioun vun esou enger Kommissioun net d'Iwwerwachung vum eenzelne Fall virdrun ass am Genre vun engem Tribunal, mä do soll am Fong kontrolléiert ginn, ob d'Dokteren d'Spillregele vum Gesetz, wat kloer Konditiounen setzt, agehalen hunn.

D'Ex-post-Kommissioun, wéi se an eisem Gesetz elo virgesinn ass, ass jo iwwerengs net - wéi dat versicht ginn ass duergestallt ze gi vun engem Dokter, deem am Fong an deene leschten Deeg vill Maile verschéckt a Pressekongferenze gemaach huet - déi eenzeg Kontroll oder Barrière par rapport zu eventuell denkbaren Abusen. Mä et ass just eng lescht Barrière a Kontroll, fir datt et zu Abuse praktesch net ka kommen. Ech hunn lech et scho gesot: A véier Joer, vun 2002 bis 2006, ass et an der Belsch net zu engem eenzege Fall vun Abus komm.

E kuerzt Wuert just zur Debat an der Santéskommissioun, wou et u sech méi roueg zougaangen ass, wou et relativ calme zougaangen ass. De Public ass no all Santéskommissioun iwwert d'Medié regelméisseg iwwert den Avancement vun eisen Aarbechten informéiert ginn. D'Debatt an der Öffentlechkeet dobaussen, déi war bekanntlech jo vill méi animéiert, wat d'Pro- an d'Kontra-Lieserbréier an d'Stellungen an der Press an an de Medié generell gewisen hunn. Woubäi ech elo hei net méi un déi Petitioun vun den Euthanasiegeignen am „Wort“ wëll erënneren, déi duerno scho relativ schnell dépasséiert gouf duerch déi sougenannte Sokrates-Géigepetitioun iwwer Internet an iwwert d'„Tageblatt“.

Wat mer dovunner solle behalen awer vläicht alleguerten, ass virun allem eng extraordinär Diskussionsbereitschaft iwwer esou e komplizéierte gesellschaftspoliteschen Thema, wat allerdéngs e ganz gutt Zeechen ass vun enger neier, lieweger a participativer Demokratie. Et ass warscheinlech scho ganz laang net méi esou intensiv diskutéiert a korrespondéiert gi wéi bei dësem Thema Stierfhëllef. An et ass duerfir fir eis och total onverständlech, wann et haut nach ëmmer Géigner vun der Stierfhëllef gëtt, déi behaupten, den Thema wier net breet an net laang genuch diskutéiert ginn. Mä op wéi engem Planéit liewen déi Leit iwwerhaupt?

Dir Dammen an Dir Hären, d'Pro-a-kontra-Debat ass wéi gesot an der ganzer Press, an alle Medié gefouert ginn. Et sinn der ganz vill ginn, och den Erzbischof, och de Vatikan an zum Schluss souguer de Grand-Duc, déi an dës Diskussioun agegraff hunn. D'Medien hunn insgesamt, ausser dem „Wort“, eng zimlech positiv Roll gespillt, fir eng pluralistesche a kontradiktöresch Diskussionskultur ze animéieren, eng Diskussionskultur, wéi eise Premier se jo gär hätt.

Eleng d'„Wort“ huet - zënter éiweg, mä virun allem zënter engem Joer - eng absolut onwiederdeeg Roll gespillt, andeem honnertprozenteg eesäiteg a penetrant ausschliesslech Argumenter a Polemiken an och souguer Ki ënnert d'Gürtellinn ouni Probleemer publizéiert gi sinn, an ni an iergendenger Form...

(Interruption)

...och nëmmen ee Wuert zugonschte vun der Stierfhëllef do publizéiert ginn ass, während, Här Jaerling, am „Tageblatt“ Der nucke kënnt - ech weess net, ob Dir d'Zeitung regelméisseg liest, mä liest no, d'„Tageblatt“ huet doranner eng ganz positiv Roll gespillt -, dass se souwuel Bréier derfir wéi ganz heefeg dergéint bruecht hunn. Ganz heefeg waren och Stellungnahmen am „Tageblatt“ virum 19. Februar dergéint, géint d'aktiv Stierfhëllef, an all déi bekannte Géigner vun der Euthanasie - ech kéint se namentlech hei opzielen - hu problemlos all hir Lieserbréier am „Tageblatt“ publizéiert kritt, wat am „Wort“ ni geschitt ass. Net eng eenzeg kéier!

Ech wëll zu esou enger total eesäiteger Informatiounspolitik vum Chefredakter vum „Lëtzeburger Wort“, well et si jo net d'Journalisten, hei elo net nach méi soen, ausser vläicht dat heiten, en Zitat vun der „Wort“-Redaktioun selwer, publizéiert am Uschloss vum Här Biltgen sengem Artikel an enger Foussnout, an déi Foussnout muss ee sech

wierklech op der Zong zergoe loosse! Ech zitéiere se duerfir - Originalzitat vun der Redaktioun vum „Lëtzeburger Wort“: „Wenn wir nur die uns oder der CSV genehmen offenen Briefe, Analysen und Meinungen, freien Tribünen und Briefe an die Redaktion abdrucken würden, verfehlten wir unser Ziel,...“ - an elo kënnt et - „...nämlich u.a. eine Plattform offener Auseinandersetzungen für möglichst viele zu sein.“ Enn vum Zitat.

Een, dee verfollegt huet, wat am „Lëtzeburger Wort“ an annerhalleft Joer d'lescht Joer gemaach ginn ass, a wie weess, wat do bruecht ginn ass a wéi eesäiteg, an zwar honnertprozenteg eesäiteg all d'Stellungen waren, dee kann nëmmen de Kapp rëselen!

Ech weess net, ech komme mer vir wéi am Cabaret.

(Hilarité)

Ass dat do e Cabaret? Soll dat Cabaret sinn oder si mer schonn am Huxley sengem „Brave new world“? Ech kann nëmme soen: Weider esou, léif „Lëtzeburger Wort“-Redaktioun, mat Ärer Plattform fir eng offen Auseinandersetzung „für möglichst viele“!

Dir Dammen an Dir Hären, och eisen Erzbischof a souguer déi päpstlech Akademie, d'Académie pontificale pour la vie zu Roum, wollten eis nach an deene leschten Deeg hir gutt Rotschléi mat op de Wee ginn, en vue vun eisem Vote vun haut iwwert d'Stierfhëllef.

Fir d'éischt eise kathouleschen Erzbischof, deem et zënter ronn engem Joer ëmmerhin op dräi sougenannten Hiertebréier géint d'Stierfhëllef bruecht huet an zu eiser Ënnerstützung och souguer e gréissert Bischofswuert an alle Sonndesmassen de leschte Sonndeg - oder war et de virleschte Sonndeg? - virliese gelooss huet.

A sengem leschten Hiertebréif „Für das Leben“, dat war elo e Samschdeg, dat ass elo fënnf Deeg hier, den 13. Dezember - de Bréif huet den Titel „Für das Leben“ -, huet den Erzbischof Fernand Franck dat geballte Gewicht vu senger Sachkenntnis a vu senger Aschtzung vum Stierfhëllefgesetz nach eng kéier knallhaart ënner Bewäis gestallt. An dësem Hiertebréif stoung esou zum Beispill, ech zitéieren den Här Franck - also, Dir kënnt et hei kucken, et sinn déi Sätz, déi ech ënnerstrach hunn am Bréif: „Es soll ein einklagbares Recht auf Euthanasie geschaffen werden.“

Wéi d'Madame Err an ech dat iwwert de Weekend gelies haten, do ware mer allerdéngs zimlech platt, well mir esou en einklagbaart Recht op Euthanasie an eisem Gesetzestext einfach net konnte fannen, ganz einfach, well et dat an eisem Text net gëtt!

Wann een also esou feierlech Hiertebréier schreift, och als Erzbischof, misst ee vläicht awer dach dann eng kéier iwwerliesen, wat een do esou zu Pabeier bruecht huet.

An da kënnt an deem Hiertebréif hei e puer Zeilen duerno, dat ass also hei ënnerstrach, eppes Zweetes ganz Rätselhaftes. Do gëtt et jo tatsächlech folgend Ausso - ech zitéieren: „Darüber hinaus wird (...) verschwiegen, dass das sogenannte Sterben auf Verlangen die notwendige Zustimmung eines Dritten, zumeist eines Arztes, erfordert.“ Enn vum Zitat.

Wéi ech dat am Hiertebréif gelies hunn, do war ech nach méi platt wéi bei deem éischten Zitat. Am Gesetzesvorschlag Err/Huss gëtt esou dätilech betount, datt d'Stierfhëllef nëmme vun engem Dokter oder vun Doktere geleescht ka ginn, datt ee wierklech scho méi wéi blann muss sinn, fir dat am Gesetzestext net erausfonnt ze hunn. Oder vläicht gëtt et aner Ursaachen?

Esou wäit, Dir Dammen an Dir Hären, zum Wourechtsgehalt vun erzbischoflichen Hiertebréier. Vu datt warscheinlech awer nëmme ganz wéineg „Wort“-Lieser esou Hiertebréier liessen, ass dat awer eigentlech net weider schlëmm. Ech wollt hei just nach eng kéier charakteristesche op esou e Beispill vun Informatiouns- oder Desinformatiounspolitik hiweisen.

Mä da gëtt et jo an der kathoulescher Kirchenhierarchie och nach déi Étape do driwwer. Déi vum Vatikan zu Roum. An och de Vatikan hat sech scho virun enger gudder Woch eng éischte kéier an elo nach eng kéier de 15. Dezember zu Wuert gemellt, fir de Lëtzeburger Deputéierten an dem Lëtzeburger Vollek seng Meenung zum Lëtzeburger Stierfhëllefgesetz matzedeelen. Et kann natierlech ëmmer interessant sinn, och ze lauschten, wat eis de Vatikan an der Fro vun der aktiver Stierfhëllef ze soen huet, a beim Vatikan ass et jo dankenswäerterweis ëmmer esou, datt do Kloertext geschwat gëtt.

Wat seet eis de Vatikan baséierend op der sougenannter Enzyklika „Evangelium vitae“, déi jo nach vum fréiere Pöpst Jean Paul II

verkünt gi war, iwwert d'Stierfhëllef, iwwert d'Euthanasie?

Hie mécht am Fong zwou Haaptaussoen. Ech liessen net de ganzen Text elo vir, mä just déi zwou Haaptaussoen, nozeliesen an engem Bréif vun engem Monsignore Rino Fisichella - hei ass d'Foto vun deem Här -, dem President vun der Académie pontificale pour la vie.

Éischt Ausso, d'Kierch oder de Vatikan si radikal géint dat Stierfhëllefgesetz zu Lëtzebuerg, well et - ech zitéieren - «un attentat à la vie humaine» wier, an d'Kierch wier fir den absolute Schutz vun dësem menschleche Liewen. Esou reng abstrakt gekuckt, kéint am Fong jiddwereen heibannen d'accord si mat der Formel „Schutz vum menschleche Liewen“.

Wat awer, Dir Dammen an Dir Hären, wann, wéi am Fall vun der Demande no Stierfhëllef, den Doudkranken, den total Verzweifelten, grad eben net méi geschützt wëllt ginn a léiwer esou schnell, mä och esou schmärerlos wéi méiglech säi Liewe wëllt zu Enn bréngen?

Muss een e Liewen, wat net méi liewe wëllt, weiderschützen, dat heescht a Wierklechkeet zwéngen, géint den eegene Wille wederzeliewen oder eventuell ze vegetéieren - esou wéi et am Fall vum Vincent Humbert de Fall gewiescht wier?

Wéi glawierdeg ass de Vatikan iwwerhaupt, wann e vum absolute Schutz vum menschleche Liewe schwätzt?

Keng Angscht, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert elo net hei an d'Kirchengeschicht vun 2000 Joer Vatikan nobliedere goen, wou bekanntlech Mord an Doutschlag, Intrigen a Folterkräizlich an Inquisition, Hexeverbrennungen a sougenannte chrëschtlech Bekéierungen an de Länner vum Tiers-Monde Milliounen onschëlleg Mënschen d'Liewe kascht hunn. Déi Saache si vläicht laang hier, mä si sinn net vergiess. Och d'Haltung vum Vatikan vis-à-vis vum Franco, vum Hitler a vum Pinochet - dat war nach am 20. Jorhonnert - sinn net grad dozou géegent, d'Glawierdegkeet vum Vatikan a Saache Schutz vum Liewen ze ënnermaueren. Dat ass natierlech och elo scho fréier gewiescht.

Mä wéi ass et dann, Dir Dammen an Dir Hären, haut mat der Glawierdegkeet vun der Vatikanpolitik a Saache Schutz vum Liewen, well mer jo opgefuerdert gi bei dësem Gesetz, d'Liewen ze schützen?

Ech hunn dëser Deeg nach e ganz interessant, mä eigentlech absolut dramatescht Buch gelies, dat ass dat heite Buch „Gott, Aids, Afrika“, wat ech jiddwerengem vun lech recommandéieren ze liessen a wou et och ëm en allerdéngs inexistenten Schutz vum Liewe geet, a vill méi ëm e Massestierwe vu Milliounen, un deem grad de Vatikan mat haaptschëlleg ass. An dat alles fënn haut ënnert den Ae vum Vatikan a vun der Weltöffentlechkeet statt.

Ee vun deenen zwee Auteuren, de Stefan Hippler, ass e kathoulesche Paschtouer, deem zu Tréier war an deem haut a Südafrika zu Kapstadt Paschtouer ass vun der däitschsproocheger kathoulescher Gemeng. Dëse kathoulesche Paschtouer schildert an dësem Buch den absoluten Drama vun der Aidsépidemie an Afrika an am Tiers-Monde, an hien accuséiert ganz kloer de Pöpst an de Vatikan, matschëlleg um Doud vun dausende Bëbeeën a kleng Kanner all Dag ze sinn, déi aidsinfizéiert stierwen, well d'kathoulesch Kierch hiren Elteren, hiren Unhänger, nach ëmmer kënschtlech Verhütungsmëttel, zum Beispill de Préservatif, verbitt.

Resultat: eng kaum nach anzedämmend Epidemie all Dag an Afrika, no offiziellen Donnéeën 8.000 Doudecher vun Aids den Dag. An dat ouni Ex-ante- an ouni Ex-post-Kommissioun!

Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn dëst trauregt an dramatescht Kapitel vum Aids just ugefouert, fir ze weisen, wéi den abstrakte Begrëff vum Schutz vum Liewe vum Vatikan selwer an der Praxis gehandhaabt gëtt. Stierfhëllef verdäiwelen, awer matschëlleg sinn aus reng doktrinäre Grënn um alldeegleche Massestierwe vun onschëllegen afrikanesche Bëbeeën a kleng Kanner: Dat alles ass net ganz seriö. Mä dat ass nach laang net alles.

A sengem Bréif un eis Parlamentarier heibannen diktéiert eis de Vertrieeder vum Vatikan och nach, wat mer hei zu Lëtzebuerg ze loosse a wat mer ze maachen hunn. Hie preziséiert: «Tous ceux qui sont engagés directement dans les instances législatives...» - dat si mir hei alleguerten - «... ont l'obligation précise de s'opposer à toute loi qui soit un attentat à la vie humaine.»

An da geet et nach virun, en anert Zitat, och dat betrëfft eis alleguerten, an do solle vläicht wierklech d'Leit nolauschten, well

dat ass eng Iddi méi subtil, mä awer vill méi geféierlech: «La liberté du parlementaire nuit au bien commun quand son choix politique se fonde sur une base relativiste qui confond toutes les positions en les prétendant licites au nom de la liberté individuelle.»

A wann Der dat kuckt, wat déi lescht Enzyklika ware vu Roum aus, dann ass dat ee vun den Hauptpunkten. Dat heescht, si akzeptéiere guer net, datt aner Leit, aner politesch Kräfte oder egal wien aner Meenunge kënnen hunn a moralesche Froe wéi si. Si wëllen diktéieren. An all deenen dote Froen. Net nëmmen hei bei der Stierfhëllef. Och beim Avortement. Och bei der Insémination artificielle. Och bei der Stammzellenforschung. Si wëllen diktéieren! A si akzeptéiere guer net, datt et aner Meenunge kéint ginn, déi sech an engem Parlament kéinten duerchsetzen, an duerfir bekämpfe se et.

Dat erkläert, Här Bodry, vläicht all déi Bréier an all dat, wat do komm ass vu Roum an aus dem Ausland. Individuell Fräiheet, Autonomie a Selbstbestëmmung iwwert dat eegent Liewen, dat kann anscheinend de réimesche Vatikan net verkraaften.

Mä um Schluss vu sengem Schreiwe gëtt et dann eigentlech nach am interessantesten. Well dat direkt mam Vote vun der CSV a mat den CSV-Amendementen heibannen ze dinn huet.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir kënnt lech erënneren un de Saz ënner Punkt 6 am „Wort“, wou den Här Biltgen als CSV-President geschriwwen hat: „Wir werden bis zum Schluss kämpfen, um die aktuelle Euthanasievorlage, die ein menschenunwürdiges Gesetz ist, zu verhindern oder zumindest abzuändern.“

Wat seet zu dëser CSV-Strategie, zu dëse sougenannten CSV-Kompromissamendementen de Monsignore Fisichella, de Porteparole vum aktuelle Pöpst Benedikt zu Roum? Hie seet zwou Saachen. Éischt Zitat, dat bezitt sech jo da bei der CSV op déi kathoulesch Deputéierten: «Le parlementaire catholique ne peut pas non plus en appeler au principe du „moindre mal“.»

Dat ass also, wat den Här Biltgen an d'CSV mat hiren Amendementen wëllen erreechen. Dat heescht, entweder et ass een dergéint, oder wann een net dergéint ass, kann een Amendementen maachen. Mä wann een Amendementen mécht, ass ee jo awer e wéineg derfir. Sou ass de Rasonnement, also d'Opfuerderung un all kathouleschen CSV-Deputéierten, radikal dergéint ze stëmmen.

An den zweete Saz dann, wou dat dätilech gëtt: «Une dépenalisation ne réduit nullement le mal objectif que cette loi porte en elle. Le seul amendement valable ne peut être que son abrogation.»

Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV-Fraktion, an där doter Logik wier eng Fro, déi ech eventuell un lech hätt: Haalt Dir dann iwwerhaupt Är Amendementen oprecht, wann Dir der Logik vum Vatikan follegt?

Dann nach eng Fro un den CSV-President François Biltgen. Wat ass dat, wann ee seet, e Gesetz wier mënschenonwiederdeeg? A wat ass dann, wann herno hei eventuell eng Majoritéit vun Deputéierten - ech weess et jo net - awer esou e mënschenonwiederdeeg Gesetz stëmmt? Wat bedeit dat dann? Déi Deputéierten, déi e mënschenonwiederdeeg Gesetz stëmmen, wéi sinn déi dann? Ech wier nawell frou, eng Äntwert dorop ze kréien!

E lescht Wuert zum Agräife vun eisem Grand-Duc an déi dote Situatioun. De Grand-Duc huet gesot, hien hätt Probleemer mat eisem Gesetz, sou datt hien dat Gesetz net wëllt ënnerschreien.

Dir Dammen an Dir Hären, de Grand-Duc huet selbstverständlech wéi jiddwereen e privat Recht op seng Meenung an e privat Recht op säi Gewëssen. De Grand-Duc Henri ass awer hei net eng Privatpersoun, mä hien ass eist Statsoberhaupt, dat iwwert dem politeschen an dem parlamentaresche legislative Prozess ze stoen huet.

Bis haut huet eis Verfassungstraditioun ëmmer esou ausgesinn, datt déi fräi gewielte Chamber Gesetzter mécht, ofstëmmt an decidéiert, an d'Exekutiv, d'Regierung an de Grand-Duc, setzen dës Décisiounen an der Chamber ëm.

Duerfir aus menger perséinlecher, mä ganz däitlech och aus der Vue vun der ganzer grénger Fraktioun zwou Demanden un de Grand-Duc Henri:

1) Bleift wann ech gelift esou wéi Är Famill, d'Grande-Duchesse Charlotte an de Grand-Duc Jean, dobäi, vun der Chamber demokratesch gestëmmte Gesetzer ze ënnerschreiwen.

2) Duerch Ären öffentleche Refus, aus Gewëssensgrënn d'Stierfhëllefgesetz net wëllen ze ënnerschreiwen, konnt Dir jo de Lëtzebuerger Är Gewëssensproblemer duerleeën. Dat ass jo an der Zwëschenzäit elo geschitt.

Et gëtt duerfir fir déi gréng Fraktioun net méi dee geréngste Grond, fir elo weiderhin net wëllen ze ënnerschreiwen. Oder, Grand-Duc Henri, erkläert de Lëtzebuerger vläicht an Ärer Chrëscht dagsusprooch, datt net méi déi fräi gewielte Chamber, mä Dir selwer wëllt bestëmmen, wat fir eng Gesetzer hei zu Lëtzebuerg gemaach däerfe ginn a wat fir eng a Kraaft däerfen trieden oder net.

Ech soen lech Merci.

»»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»»» **M. le Président**.- Merci, Här Huss. Domadder si mer um Enn vun eisen Aarbechte fir haut de Moien ukomm. Haut de Mëtteg um hallwer dräi gesi mer eis erëm fir d'Suite vun den Debatten.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 12.48 heures)

Sommaire des séances publiques N^{os} 19, 20, 21 et 22

Communications	page 209
Ordre du jour	pages 209-210
Résolution de M. Jacques-Yves Henckes relative au report du vote sur la proposition de loi N°4909 sur l'euthanasie et l'assistance au suicide	pages 210-212
5913 - Projet de loi	
- portant révision du régime applicable à certains actes de société en matière de droits d'enregistrement	
- portant transposition de la directive 2008/7/CE du Conseil du 12 février 2008 concernant les impôts indirects frappant les rassemblements de capitaux	
- modifiant: • la loi modifiée du 7 août 1920, portant majoration des droits d'enregistrement, de timbre, de succession, etc. • la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif • la loi du 22 mars 2004 relative à la titrisation • la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque (SICAR) • la loi modifiée du 13 juillet 2005 relative aux institutions de retraite professionnelle sous forme de sepcav et assep • la loi du 13 février 2007 relative aux fonds d'investissement spécialisés	
- et abrogeant la loi modifiée du 29 décembre 1971 concernant l'impôt frappant les rassemblements de capitaux dans les sociétés civiles et commerciales et portant révision de certaines dispositions législatives régissant la perception des droits d'enregistrement	
et	
5924 - Projet de loi portant modification	
- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;	
- de la loi modifiée du 16 octobre 1934 sur l'évaluation des biens et valeurs;	
- de la loi modifiée du 1 ^{er} décembre 1936 sur l'impôt commercial communal;	
- de la loi modifiée du 23 décembre 2005 portant introduction d'une retenue à la source libératoire sur certains intérêts produits par l'épargne mobilière;	
- de la loi modifiée du 24 décembre 1996 portant introduction d'une bonification d'impôt sur le revenu en cas d'embauche de chômeurs;	
- de la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes, des droits d'accise sur l'eau-de-vie et des cotisations d'assurance sociale;	
- de la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'administration des contributions directes;	
- de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur bancaire;	
- de la loi modifiée du 22 décembre 2006 promouvant le maintien dans l'emploi et définissant des mesures spéciales en matière de sécurité sociale et de politique de l'environnement;	
- de la loi modifiée du 9 juillet 1937 concernant l'impôt sur les assurances;	
- de la loi modifiée du 21 avril 1928 sur les associations et les fondations sans but lucratif	pages 212-221
5900 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2009 (suite)	page 221
Motion de Mme Viviane Loschetter relative au ralliement contre le principe de dérogation à la règle des 48 heures de travail hebdomadaire au niveau du Conseil	pages 221-222
5870 - Projet de loi portant création de l'Administration des Services médicaux du	

Secteur public	pages 223-224 page 226
5889 Projet de loi modifiant et complétant	
a) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État	
b) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État	
c) la loi du 14 novembre 1991 fixant les conditions et les modalités de l'accès du fonctionnaire à une carrière supérieure à la sienne	
d) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration	
e) la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire	
f) la loi du 21 décembre 2007 modifiant la loi modifiée du 23 juillet 1952 concernant l'organisation militaire	pages 224-226
5911 - Projet de loi relatif à la construction du Pavillon luxembourgeois pour l'Exposition universelle 2010 à Schanghai	pages 226-228
5757 - Projet de loi ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des Contributions directes, de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines et de l'Administration des Douanes et Accises et portant modification de	
- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;	
- la loi générale des impôts („Abgabenordnung“);	
- la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des Contributions directes;	
- la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'Enregistrement et des Domaines;	
- la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvrement des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale	pages 228-229
5902 - Projet de loi	
- approuvant la participation du Grand-Duché de Luxembourg à la 15 ^e reconstitution des ressources de l'Association internationale de développement	
- approuvant l'amendement des Statuts du Fonds monétaire international en faveur d'une extension de l'autorité d'investissement du Fonds	
- approuvant l'amendement des Statuts du Fonds monétaire international modifiant la structure des quotes-parts et renforçant la représentation des pays à faible revenu, et autorisant le Gouvernement à prendre les mesures nécessaires à l'augmentation de la quote-part du Luxembourg au Fonds monétaire international	pages 229-230
5768 - Projet de loi portant approbation de la Convention en matière de sécurité sociale entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République de Macédoine, faite à Luxembourg, le 28 novembre 2006	
et	
5885 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Monténégro en matière de sécurité sociale	pages 230-231
5941 - Projet de loi portant ajustement des pensions et rentes accident au niveau de vie 2007	
et	
5839 - Projet de loi modifiant	
1. la loi modifiée du 28 juillet 2000 ayant pour objet la coordination des régimes légaux de pension;	
2. le Code de la Sécurité sociale;	
3. la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État;	
4. la loi modifiée du 27 août 1977 concernant le statut des fonctionnaires entrés au service d'Institutions internationales;	
5. la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;	
6. la loi du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg	pages 231-238
5859 - Projet de loi portant modification	
1. de la loi électorale modifiée du 18 février 2003;	
2. de la loi du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national	pages 238-243
5584 - Projet de loi relatif aux soins palliatifs, à la directive anticipée et à l'accompagnement en fin de vie et modifiant:	
1. le Code de la Sécurité sociale;	
2. la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;	
3. la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;	
4. le Code du Travail	pages 243-248
4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide	pages 248-256



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng	um Kanal S40 / 455.25 Mhz	Zu Esch-Sauer	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
Zu Beetebuerg	um Kanal S40 / 455.25 Mhz	Zu Nidder- an Uewerfeelen	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
Zu Walfer	um Kanal S29 / 367.25 Mhz	An der Gemeng Gréiwemaacher	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
Zu Biwer an zu Wecker	um Kanal S40 / 455.25 Mhz	An der Gemeng Hieffenech	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
An der Gemeng Bous	um Kanal S40 / 455.25 Mhz	An der Gemeng Hesper	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
An der Gemeng Bërmereng	um Kanal S40 / 455.25 Mhz	Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt,	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
An der Gemeng Konter	um Kanal S40 / 455.25 Mhz	An der Gemeng Mamer	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
An der Gemeng Dippech	um Kanal S40 / 455.25 Mhz	An der Gemeng Manternach	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•		•	
An der Gemeng Dikrech	um Kanal S19 / 287.25 Mhz	An der Gemeng Medernach	um Kanal S40 / 455.25 Mhz
•			
Zu Iermsdref	um Kanal S40 / 455.25 Mhz		